



Gemengeninfo

Rapport du conseil communal
du 22.5.2026

maville

DUDELANGE,
ON DIRAIT
LE SUD
LIEWE WÉI AM SÜDEN


DIDDELENG
VILLE DE DUDELANGE

Composition du conseil communal



Dan Biancalana,
bourgmestre LSAP



Loris Spina,
échevin LSAP



Josiane Di Bartolomeo-Ries,
échevine LSAP



René Manderscheid,
échevin LSAP



Claudia Dall'Agnol,
échevine LSAP



Martine Loullingen,
conseillère LSAP



Walter Berettini,
conseiller LSAP



Roby Goergen,
conseiller LSAP



Fabienne Dimmer,
conseillère LSAP



Diogo Costa,
conseiller LSAP



Michèle Kayser-Wengler,
conseillère CSV



Françoise Kemp,
conseillère CSV



Claude Martini,
conseiller CSV



Jean-Paul Gangler,
conseiller CSV



Semiray Ahmedova,
conseillère Déi Gréng



Yves Steffen,
conseiller Déi Gréng



Marc Meyer,
conseiller DP



Rosella Spagnuolo,
conseillère ADR



Carole Thoma,
conseillère Déi Lénk

Sommaire

Séance publique

1. Correspondance	6
2. Transformation ancienne ferme rue de la Fontaine	6
Approbation du devis estimatif relatif aux travaux de transformation de l'ancienne ferme sise 36, rue de la Fontaine en deux maisons unifamiliales destinées à la location abordable	
3. Travaux de réaménagement de la route de Thionville	14
Approbation du devis estimatif relatif aux travaux de réaménagement de la route de Thionville – projets de canalisations et réseaux divers	
PROJET DE MODIFICATION PONCTUELLE DU PAG ET DU PAP QE	22
4. Projet de modification ponctuelle du PAG et du PAP QE [Dossier 7]	
Approbation du projet de modification ponctuelle du Plan d'Aménagement Général (PAG) de la Ville de Dudelange – partie graphique, concernant les sites « Parc Emile Mayrisch », « Rue Tattenberg » et « PAP Ribeschpontergriecht – PAP NQ-SD : 36 » [Dossier 7] et du projet de modification ponctuelle du projet de modification ponctuelle du Plan d'Aménagement Particulier « quartier existant » (PAP QE) – plan de repérage, concernant les sites « Parc Emile Mayrisch » et « Rue Tattenberg » [Dossier 7] comportant :	
• PAG – décision relative à la partie graphique • PAP QE – décision relative au plan de repérage	
5. Projet de modification ponctuelle du PAG et du PAP QE [Dossier 8]	
Approbation du projet de modification ponctuelle du Plan d'Aménagement Général (PAG) de la Ville de Dudelange – partie graphique, concernant les sites « Deich », « In Boujel », « Rue Nic Bodry » et « Rue des Minières » [Dossier 8] et du projet de modification ponctuelle du projet de modification ponctuelle du Plan d'Aménagement Particulier « quartier existant » (PAP QE) – plan de repérage, concernant les sites « Deich », « In Boujel », « Rue Nic Bodry » et « Rue des Minières » [Dossier 8] comportant :	
• PAG – décision relative à la partie graphique • PAP QE – décision relative au plan de repérage	
6. Projet de modification ponctuelle du PAP QE [Dossier 9]	
Approbation du projet de modification ponctuelle du projet de modification ponctuelle du Plan d'Aménagement Particulier « quartier existant » (PAP QE) – partie écrite, concernant plusieurs articles [Dossier 9]	
7. Questions au collège des bourgmestre et échevins	26
Question du parti Déi Gréng concernant l'état du Diddelenger Baach	

Rapport sommaire

Présents : Monsieur Dan Biancalana, bourgmestre ; Monsieur Loris Spina ; Madame Josiane Di Bartolomeo-Ries ; Monsieur René Manderscheid et Madame Claudia Dall'Agnol, échevins. Madame Semiray Ahmedova ; Monsieur Walter Berrettini ; Madame Fabienne Dimmer ; Messieurs Jean-Paul Gangler, Roby Goergen ; Mesdames Michèle Kayser-Wengler, Françoise Kemp, Martine Loullingen ; Monsieur Marc Meyer ; Madame Rosella Spagnuolo ; Monsieur Yves Steffen ; Madame Carole Thoma, conseillers. Messieurs Patrick Bausch, secrétaire communal et Yves Goergen, secrétaire communal adjoint. **Absents** : Monsieur Diogo Costa et Monsieur Claude Martini, conseillers communaux. Procurations de vote : Monsieur Claude Martini a donné procuration à Madame Michèle Kayser-Wengler, et Monsieur Diogo Costa a donné procuration à Madame Fabienne Dimmer, pour l'ensemble des points inscrits à l'ordre du jour.

Monsieur le bourgmestre ouvre la séance publique dans la salle Nic Birtz de l'Hôtel de Ville et procède à l'examen des points inscrits à l'ordre du jour, lesquels portent principalement sur des investissements communaux, des projets d'infrastructure liés au développement du quartier NeiSchmelz, ainsi que plusieurs modifications ponctuelles du Plan d'Aménagement Général et du Plan d'Aménagement Particulier « quartier existant »

1 – Correspondance

Aucune correspondance particulière n'est portée à la connaissance du conseil communal dans le cadre de ce point.

2 – Transformation de l'ancienne ferme sise 36, rue de la Fontaine

Le conseil communal approuve à l'unanimité le devis estimatif d'un montant de 4.500.000,00 EUR relatif aux travaux de transformation de l'ancienne ferme sise 36, rue de la Fontaine à Dudelange, en deux maisons unifamiliales destinées à la location abordable. Ce projet s'inscrit dans la politique communale de développement de logements abordables, en permettant la reconversion d'un bâtiment existant en deux unités d'habitation qui pourront répondre à des besoins résidentiels concrets sur le territoire communal.

3 – Réaménagement de la route de Thionville

Le conseil communal approuve à l'unanimité le devis estimatif d'un montant de 7.419.000,00 EUR relatif au réaménagement de la route de Thionville, plus précisément pour les projets de canalisations et de réseaux divers relevant de la compétence de la Ville de Dudelange. Ce projet s'inscrit dans le contexte plus large du réaménagement du CR190, en lien direct avec le développement du quartier NeiSchmelz, dont l'avant-projet détaillé a été approuvé le 9 juillet 2025 par Madame la Ministre de la Mobilité et des Travaux publics. Le devis du 5 mai 2026 a été établi par le bureau Schroeder & Associés S.A., qui a également élaboré le mémoire technique « Avant-projet détaillé – APD » décrivant les différents dossiers attribués à la Ville de Dudelange dans le cadre de cette opération d'infrastructure.

Les travaux communaux comprennent notamment des interventions sur les canalisations, les conduites d'eau et de gaz, les conduites de refoulement, ainsi que

certaines infrastructures liées à l'assainissement. Le récapitulatif financier distingue plusieurs volets, dont les travaux d'infrastructure dans la nouvelle route de Thionville pour 4.407.000,00 EUR, la station de pompage et la conduite de refoulement du PAP Nord pour 580.000,00 EUR, la mise en conformité des bassins d'orage CNA/CCRD pour 391.000,00 EUR, les conduites de refoulement provenant du PAP Greisendall et de Volmerange-les-Mines pour 1.232.000,00 EUR, ainsi que la conduite de refoulement d'eaux usées entre la station de pompage PAP Centre et la rue Karl Marx pour 266.000,00 EUR.

Le dossier prévoit également un montant de 543.000,00 EUR lié au déplacement du ruisseau canalisé « Diddelenger Baach », avec un préfinancement par la Ville de Dudelange et un remboursement par le Fonds du Logement selon l'accord de principe indiqué dans le dossier financier.

4 – Modification ponctuelle du PAG et du PAP QE, dossier 7

Le conseil communal approuve à l'unanimité le projet de modification ponctuelle du Plan d'Aménagement Général de la Ville de Dudelange, partie graphique, concernant les sites « Parc Emile Mayrisch », « Rue Tattenberg », et « PAP Ribeschpontergriecht – PAP NQ-SD : 36 », ainsi que le projet de modification ponctuelle du Plan d'Aménagement Particulier « quartier existant », plan de repérage, concernant les sites « Parc Emile Mayrisch » et « Rue Tattenberg ».

Pour le site du Parc Emile Mayrisch, la modification vise à adapter les classements urbanistiques à l'usage réel des terrains, notamment autour du musée, du Centre d'Art Nei Liicht, de la crèche « Minettsdepp », des espaces récréatifs et des zones attenantes. Le projet prévoit des reclassements en zones mieux adaptées aux fonctions existantes, notamment des zones d'habitation, des zones de bâtiments et d'équipements publics, des zones de sport et de loisir, des zones de jardins familiaux, ainsi que des adaptations relatives aux biotopes protégés et à la délimitation de la zone verte.

Pour le site « Rue Tattenberg », le projet vise à mettre en cohérence le classement urbanistique avec la situation existante, notamment en ce qui concerne des jardins privés et un espace de stationnement aujourd'hui intégré dans le domaine public.

Pour le site « Ribeschpontergriecht », la modification permet des redressements mineurs par rapport à la situation réelle des terrains, afin de faciliter l'exécution du PAP NQ-SD : 36 « Ribeschpontergriecht ».

5 – Modification ponctuelle du PAG et du PAP QE, dossier 8

Le conseil communal approuve à l'unanimité le projet de modification ponctuelle du Plan d'Aménagement Général de la Ville de Dudelange, partie graphique, concernant les sites « Deich », « Rue Nic Bodry », et « Rue des Minières », ainsi que le projet de modification ponctuelle du Plan d'Aménagement Particulier « quartier existant », plan de repérage, concernant les mêmes sites.

Le dossier initial visait également le site « In Boujel », mais le conseil communal tient compte des réclamations introduites dans le cadre de l'enquête publique et décide de ne pas modifier la partie graphique du PAG à cet endroit. Cette décision permet de maintenir la surface libre prévue dans l'ancien PAP de 1986, désormais reclassé en PAP QE, en « zone REC », afin de préserver pour le quartier un espace récréatif non scellé de qualité.

Pour le site « Deich », la modification permet la réalisation de projets ponctuels répondant aux besoins de l'école Deich et du stade Jos Nosbaum.

Pour les sites « Rue Nic Bodry » et « Rue des Minières », les adaptations visent à mettre les classements en meilleure conformité avec la situation réelle des terrains, notamment lorsqu'ils correspondent déjà à des affectations de voirie ou d'aires de jeux liées aux équipements communaux existants.

6 – Modification ponctuelle du PAP QE, partie écrite, dossier 9

Le conseil communal approuve à l'unanimité le projet de modification ponctuelle du Plan d'Aménagement Particulier « quartier existant », partie écrite, concernant plusieurs articles du PAP QE. Cette modification porte notamment sur les dispositions relatives à la zone d'habitation 1, à la zone d'habitation 2, à la zone mixte urbaine, aux emplacements de stationnement, garages et car-ports, aux formes des toitures, ainsi qu'au glossaire. Le projet vise donc à clarifier et à adapter certains éléments réglementaires applicables aux quartiers existants, afin de garantir une meilleure sécurité juridique et une application plus cohérente des règles urbanistiques communales.

Le dossier n'a fait l'objet d'aucune réclamation pendant l'enquête publique organisée du 23 juillet au 22 août 2025, et l'avis du Ministère des Affaires intérieures du 13 août 2025 constate la conformité du projet avec les dispositions de l'article 30bis de la loi modifiée du 19 juillet 2004 concernant l'aménagement communal et le développement urbain. •



Gemengerotssätzung vum 22. Mee 2026

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUEGERMEESCHTER: Voilà. Schéine gudde Mueren an häerzlech wëllkomm. Ech géif proposéieren, dass mer ufänken. Schéine gudde Mueren an häerzlech wëllkommen hei an eisem Gemengerot, wou mer e puer Punkten um Ordre du jour hunn. Ech begrëissen och d'Vertrieder vun der Press.

Punkto Formalien, wéilt ech hei soen, dass mer eng Delegatioun, Procuratioun virleien hu vum Här Martini, dee gëtt seng Procuratioun der Madamm Kayser.

A mir hunn hei och eng Procuratioun virleie vum Här Costa, an dee gëtt se der Madamm Dimmer. Esou dass dann de Gemengerot an deem Sënn komplett och ass.

I. Korrespondenz

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUEGERMEESCHTER: Voilà, ech géif proposéieren, dass mer op den éischte Punkt iwwerginn, Korrespondenz. Do ass mengen ech säitens hei vum Schäfferot näischt, och weider näischt an der Kommunikatioun, soudass mer direkt op den zweete Punkt kënnen iwwergoen.

2. Ëmbauarbechten vum dem fréiere Bauerenhaff an der Rue de la Fontaine

Approbatioun vum Devis estimatif fir d'Ëmbauarbechten vum dem fréiere Bauerenhaff op 36, Rue de la Fontaine an zwee Eefamilljenhaiser fir d'bezielbar Locatioun

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUEGERMEESCHTER: An dat ass am Fong d'Presentatioun an och den Devis estimatif vun eisem Projet 36, Rue de la Fontaine. Dofir begrëissen ech och hei am Gemengerot vum Architektbüro d'Madamm Kael an d'Madamm Jäger, wéi awer och d'Madamm Lahoda, déi och de Projet wäerten hei presentéieren. Ech begrëissen awer och de Pierre Glesener an och d'Tamara Cozzi vun eise Gemengeservicer. Hei geet et ëm e ganz, ganz wichtege Projet. Ech mengen Dir wësst alleguerten, dass d'Fro vum bezielbare Wunnraum eng vun de gréissten Erausforderungen ass, déi mer hei am Land erliewen. An deemno natierlech och zu Diddeleng. An als Gemeng hu mer d'Verantwortung dofir ze suergen, datt jonk Famillen, Eenzelpersounen, Elengerzéiend, Senioren eng fair

Chance hunn an eiser Stad ze wunnen an ze liewen. An ech mengen Dir wësst, dass mer an de leschte Joren, an och hei am Gemengerot Efforte verstärkt gemaach hu fir konkret Projeten ëmzesetzen.

Virun engem gudde Mount hate mer d'Aweigung vum Projet an der Rue Nic Bodry. Mir investéieren also an nei Wunnengen, an neien erschwéngleche Wunnraum, a fir och dann deementspreechend erschwénglech Loyerer unzebidden. A mir maachen dat engersäits mat den ëffentlechen Acteuren zesummen, mee hei huele mer dann als ëffentlechen Acteur, eeben als Stad Diddeleng, iwwerhuele mer also och weider Responsabilitéit am Kader vun der aktueller unhalender Logementskris. An Dir wäert och gesinn an der Presentatioun vun deem heite Projet, leeë mer och natierlech Wäert op eng héich Liewensqualitéit an och op eng nohaltig Bauweis an awer och op sozial Mixitéit an och sozial Kohäsioun. Ech mengen et ass och dat, wat e Leitmotiv ass, wa mer an erschwéngleche Wunnraum weider plangen an investéieren.

Dee Projet hei an der Rue Fontaine, éier mer mengen ech méi am Detail wäerten eraklammen, ass quasi matten am Zentrum vun eiser Stad. A mir transforméieren am Fong en aalt Bauerenhaus a maachen doraus zwee Eefamilljenhaiser fir insgesamt bis 19 Leit. Dat kann een op alle Fall soen. Et ass am Fong en Haus, oder effektiv zwee Eefamilljenhaiser, déi zentral a gutt ugebonnen sinn, och no zum Zentrum an och zum ëffentlechen Transport. An natierlech och e Projet, deem och a senger Transformatioun weider eng kloer Identitéit behält. Ech mengen Dir wësst, d'Haus A, a mir haten déi doten Acquisitioun jo gemaach, wéi gesot, den 23, den éischten Deel soll jo erhale bleiwen, och laut eisem PAG gëtt also renovéiert a restauréiert an dat Haus niewendrun d'Haus B, wéi gesot, do maache mer zwar net Tabula rasa mat eiser Vergaangenheet, mee mir wäerten op alle Fall och do e groussen Invest dra maachen. Hei zu Diddeleng huele mer weider Responsabilitéit. Mir handeln also kloer weider an hoffen och dass de Gemengerot bei deemem Projet seng Zoustëmmung och deementspreechend gëtt.

Dat sinn e bësse méi generell Consideratiounen ronderëm déi Responsabilitéit, déi mer hunn am Kader vu Plangen an Investéieren an erschwéngleche Wunnraum. An dat heiten ass erëm e ganz, ganz flotten a konkrete Projet. Mir haten och zesumme virun enger décker Woch d'Méiglechkeet an eiser Commission Plan Action Logement och de Projet virstellen, parteiwwergräifend alleguerten de Membere, déi do dra sinn. An haut schonn awer dann, wéi gesot, hei am Gemengerot nach eng Kéier kuerz d'Presentatioun maache vum Projet an dann natierlech déi uschlëssend Diskussioun. An dofir géif ech dann och ganz gären direkt hei dem Claudine Kael, Architektin, d'Wuert ginn, fir an de Projet anzeleeden oder der Madamm Jaeger. Voilà, Dir hutt d'Wuert an Dir kënnt dann effektiv an de Projet antauchen. Merci.

PIERRE GLESENER, SERVICE ARCHITECTURE ET DOMAINES : Merci a moiën alleguer. Nodeem mer d'Haus 2023 kaf hunn, hu mer eng Kéier eng grouss éischt Botz gemaach, eng Asbestsanéierung dragemaach an hunn dunn de Chan-

tier eréischt konnten an eng Levée an an eng Planungsphas erabrénge. An dës Planungsphas hu mer begleet mat Kael Architecte, Siegel Schleimer als Büro d'études an HLG fir den Deel Statik a Stabilitéit vum ganze Chantier. Domadder iwwerginn ech och d'Wuert eriwwer.

CHARLOTTE JAEGER, Kael Architecte: Moien alleguer. Also mir presentéieren Iech elo nach eng Kéier de Projet. Also hei gesitt Der jo déi zwee Haiser, dat Haus wat kommunal geschützt ass an déi aner Partie, déi wäert ofgerappt ginn. Hei nach eng Kéier Fotoen e bësse vun der Sait a vun hannen nach. Dat doten ass elo déi Partie, déi ewechgeholl gëtt. Dat do ass déi Fassad, déi wäerte mer behalen. Dat heiten ass och déi Partie, déi elo ewechkënnt, dat ass och vun der Partie vum Haus B, wat ewechgeholl gëtt. An dann dee kleng Gaart, dee mer och wäerten nees ëmbauen, vum Haus A. Dat doten ass d'Situatioun hei Rue de la Fontaine. An do hu mer jo déi kleng Allee mat den Trape vum Tattenberg. Voilà, nach e bësse méi genee. Am Moment ass dat heiten elo eng ganz Parzell. Mir wäerten déi elo an zwee splécken, an A a B. A wéi gesot, dat heite kënnt elo ganz ewech.

Dat do ass elo d'Fassad vum Projet vu vir. Mir wäerten elo méi an den Detail vum Haus A goen. Voilà, d'Haaptentrée ass Rue de la Fontaine. Mir hunn e kleng Keller, deen och Local technique wäert sinn an deen och zimmlech niddreg ass. An dann de Rez-de-chaussée. Voilà, dat wat mat deem Haus wichteg ze wëssen ass, ass dass mer all d'Plancheren ewechhuelen, déi sinn all aus Holz, déi ginn all frëschgemaach, strukturell. Mir hunn net, mir haten och fréier net grouss Kapphéichten, déi ginn elo e bëssen amelioréiert a mir behalen och iwwerall op der Fassad vun der Strooss d'Fënsteren natierlech. Hanne gëtt d'Fassad nach e bëssen opgemaach, zum Gaart hin. An um Rez-de-chaussée hu mer eeben d'Salle à manger, Kichen, Sejour an dann nach eng Kummer hannen. An an der Entrée hu mer och elo eng Buanderie an hei en Espace WC mat och enger Garderob. Well et si jo Familljen, déi do erakommen, déi mat zéng Leit do wäerte liewen. An, voilà, dat ass wichteg.

Mir hunn och nach en Accès um Rez-de-chaussée vun der Sait, vun der Trap, deen och elo nach existent ass. An dat ass am Fong en Accès de service och, dee gefrot ginn ass, fir och en Accès ze hunn, eeben hannert der Parzell nach. Den éischte Stack, do hu mer nach véier Kummeren. Zwou vun deene Kummere sinn Duebelzëmmeren. Mir hunn nach méi e grousst Buedzëmmer. An da gi mer nach e Stack erop. An do hu mer eeben nach dräi Schlofkummeren, eenzel Schlofkummeren an nach e grousst Buedzëmmer. De ganzen Daach gëtt och elo frëschgemaach. Am Ufank sollt de Späicher net ausgebaut ginn. Mee voilà, dat ass elo e Schlusspunkt, de Projet mam Späicher, deen ausgebaut ass. Den Daach, um Daach kënnt natierlech Photovoltaik och hin. An da gesi mer och de Gaart hannen, wou mer dann eng Terrass amenagéieren an e klengen Accès hanndrun. An do kommen dann och Veluxen op den Daach natierlech fir d'Kummeren, déi sech uewe befannen.

Hei eng Coupe fir d'Volumetrie méi ze verstoen. Dat do ass dann dee méi kleng Volume am Ufank, also bei der Tattenbergstrooss. Do hu mer eeben eng Kummer uewen, déi



vun enger ganz klenger Héicht bis herno eng méi important Kapphéicht huet. Mee mir behalen eeben dee ganze Volume an dann hu mer nach d'Kichen. Déi aner Coupe gesi mer och, dass mer ganz vill mat de Kapphéichte gespillt hunn, och dass en d'Fënsteren an där korrekter Héicht sëtzen. A mir spillen och mat enger Duebelhéicht hei fir e bësse Volumetrie ze gewannen, well mer eeben esou niddreg Kapphéichten hunn. Voilà, dat war et fir d'Haus A. Fir d'Haus B ass dat elo e ganz neit Gebai. Et gëtt prinzipiell ebe mat Bisotherm gebaut, natierlech och mat Beton. Bisotherm ass eeben och ganz interessant, well dat och eng Dämmung ass a statesch zesumme funktionéieren. Mir hunn eng Entrée, déi Haaptentrée an der Rue de la Fontaine.

Wat mer hei wollte just weisen, hei ass den Eck vun der Parzell, dat ass d'Situation actuelle. Mir hunn elo déi grouss Maueren déi do stinn. An déi si lo beim Haus A. An HLG kënnt elo nach eng Kéier dozou. Mee mir wollten Iech dat just eng Kéier weisen. Voilà. An déi do Mauer, déi ass am Fong hei am Moment, déi ass actuellement hei. Voilà. De Projet ass elo um Rez-de-chaussée ganz einfach. Mir hunn e Parking, mir hunn d'Technik, mir hunn d'Buanderie a mir hunn awer och eng kleng Kummer schonn ënnen. Mee de richtege Raum ass am Fong um éischte Stack, wou mer eeben d'Kichen, de Sejour-Salle-à-manger hunn, och schonn e Buedzëmmer an och eng Duebelkummer. Mir hunn do den Accès op de Gaart. De Gaart, deen ass do am Fong ee Stack méi héich wéi de Gaart vum Haus A.

An dann um zweete Stack hu mer véier Kummeren an eng Buedzëmmer. Voilà. Mir hu wierklech optimiséiert alles. A mir sinn dann do schonn eeben ënnert dem Daach. Den Daach ass strukturell aus Holz an natierlech och gedämmt. Voilà. Do kommen och natierlech d'Photovoltaik op den Daach. An d'Volumetrie ass eeben och, also do hu mer méi Kapphéicht natierlech well et en Neibau ass wéi an der Maison A. Voilà. Hei ass nach eng Vue vun hannen. Do gesi mer och déi flott Fassade, déi mer hu beim Haus A, déi mer am Fong och weider wäerten hunn. An natierlech e bëssen aner Ouverturen nach opmaache fir kënne erauszegoen. Jo, hei eeben eng Vue vu vir, eng 3D. Voilà. Hei, loosse ech de Pierre.

PIERRE GLESENER, SERVICE ARCHITECTURE ET DOMAINES : Punkto Haustechnik vun deenen zwee Haiser si mer se ënnerschiddlech ugaangen, well mer an dem Albau net isoléiert sinn. Mat de klengen Allègehéichte kënne mer och wierklech just kleng Heizkierper maachen. De Buedemopbau musse mer dënn loosse, kleng loosse, well mer einfach net déi Raumhéichten hunn an déi Kapphéichten hunn an d'Konstruktioun soll awer esou wäit wéi et nëmme

geet, konservéiert ginn. Soudass mer am Haus A en neien Daach realiséieren, deen och isoléiert ass, mat Kellerdalle. An déi Dalle, déi de Buedem beréiert isoléieren, nei Fënsteren ersetzen. Mee mir schwätze vun Heizkierper fir ze heize mat enger Gaschaudière an enger renger Entlüftung vun de Buedzëmmeren. An, ech soen et emol, Hott an der Kichen. Da kënnt eng Photovoltaikanlag mat drop, wou mer ëm déi 14 Kilowatt Peak aktuell si mat enger Batterie fir d'Haus B. Do si mer wierklech an engem Neibau, wou mer gutt isoléiert sinn, wou mer och ënnert der Effizienzklass A+ herno landen, mat deem monolitheschen Opbau ouni Styrodur, soen ech elo mol dozou, gutt isoléiert. Dräifachverglasung, Buedemheizung, do schaffe mer och mat enger Wärmepompe, wéi dat haut de Stand vun der Technik ass. Och hei kënnt eng Photovoltaik drop. Mir hunn e bësse méi Fläch, dofir komme mer do och op 16 Kilowatt Peak um Daach an do hu mer d'Batterie och e bësse méi grouss ugesat wéinst der Wärmepompe a sou weider, dass esou vill wéi méiglech vun der Stroumproduktioun och ka genotzt gi fir d'Energie vum Haus ze kompenséieren. Voilà, dat ass den Deel Haustechnik dann.

CHARLOTTE JAEGER, KAEL ARCHITECTE: An elo nach zum Planning. Jo, mir mengen also d'nächst Joer kéint de Chantier ufänken natierlech mat der Demolitioun vum Haus B, deen e bësse méi kritesch och wäert sinn. An da kéinte mer domadder rechnen, dass 2030, dass do d'Locatioun kéinten ufänken. Hei ass elo de Budget TTC vum eebe Projet, wierklech, vun der Basekonstruktioun vum Haus A a B, natierlech déi zwee. Mir hunn elo natierlech, par rapport zur Situatioun vum Terrain, e bësse méi Komplikatiounen, wou mer müssen am Fong den Terrain preparéieren, soudass déi zwee Haiser dohinner kënne kommen. An ech mengen elo explizéiert d'Tanja ons et e bësse méi am Detail.

TANJA LAHODA, HLG INGÉNIEURS-CONSEIL S.À.R.L. : Jo, moi. Also fir dee flotte Projet hei ëmzesetzen, muss mer e bësse d'Viabilitéit ronderëm d'Parzell e bësse méi genau kucken. Ech mengen et ass elo net onbedéngt kritesch. Mir hunn dat alles am Grëff, well mir wësse wat do op eis duerkënnt. An et ass awer elo hei wichteg, déi Punkten erauszegräifen, fir datt d'Faisabilitéit vum Projet och fonctionéiert. An dobäi muss am Fong kloer gesot ginn, dass déi Aarbechten, déi mer hei maachen, egal wat mer op där Parzell bauen, ëmmer wäerten déi selwecht sinn, dass mer déi müssen, egal wéi an a wat fir enger Konstellatioun, ëmmer müssen an Ugrëff huelen. Do gesi mer elo hei an deem Slide d'Demontage an d'Demolitioun. Rout duergestallt ass am Fong alles dat, wat beim Maison A zum Beispill stoe bleift, bezéiungsweis beim Maison B wäert opgebaut ginn. An ech géif Iech bieden, vläicht hannen dat Zeltdaach e bësse am A ze halen, well do komme mer dann herno nach eng Kéier kuerz drop zréck. Dat ass och do, wou déi héich Mauer ass.

Rue de la Fontaine, dat ass eng relativ staark befuere Strooss. Hei gëtt och op dem Trottoir en Deel vun der Installation de chantier opgebaut. Fir den Uschloss vun den Reseauen, déi sinn op där anerer Säit vun der Strooss, also ongeféier do, wou elo déi Parkingssträif ass. Dat heescht, do muss mer e bësse kucken, wéi mer dat maache mat der Strooss opmaachen, dass mer eis kënne do drop pi-

cken. Dat heescht, et ka sinn, datt eventuell e puer Deeg kuerzfristeg misst déi Strooss zougemaach ginn an ëmgeleet ginn. Dann hu mer déi Trap publique, déi säitlech ass. Och do kënnt e Stéck vun der Installation Chantier drop. Dofir muss mer déi och um Ufank schonn direkt restauréieren, well déi huet e bësse Problemer. Dat gesitt Der hei op deene Fotoen, déi mer Iech do mat drop gemaach hunn. Déi Mauer u sech ass net an engem ganz gudden Zoustand. A mir wëllen deen ieweschten Deel restauréieren. Déi Pärteche wäert gehale ginn an herno och als säitlechen Zougang fir an de Gaart Maison A gehale ginn. An deen Deel drënner gëtt nei opgebaut. Dann hu mer d'Nopeschsituatioun vum Tattenbiereg Nummer 21. Do gesitt Der hei ongeféier, wou dee roud Strich ass, dat ass den Niveau ënner dem ënneschten Appartement vun deem Haus. An do gesitt Der wéi vill eise Gaart am Fong ënnert deem Haus nach läit.

Dann deen nächste Slide. Do gesitt Der déi Bestandsmauer, wou mer virun driwwer geschwat hunn. Déi Mauer ass u sech ëm déi sechs Meter héich, souguer e bësse méi. Den Terrain u sech hannendrun, deen ass opgeschott bis zu sechs Meter. An hei muss mer déi Wand e bësse stäipen. Mir hunn do Tester gemaach an Analysen. Déi ass relativ dënn an och net an engem ganz gudden Zoustand. Dat heescht, mir müssen déi stäipen. A mir hunn hei eis ausgeduecht, dass mer dat wäerte mat Contreforten maachen déi mer dann an de Gaart mat abannen. Dozou kënnt awer, Gott sei Dank, dass am Fong mir elo geplangt hunn an dem Haus B hannendrun dee Gaart opzeschëdden, ongeféier dat ass dee gréngen Deel, deen Der do gesitt. Dat heescht, deen Deel verschwennt am Fong ënnendrenner, ënnert där Opschëddung a just dat Rout kuckt herno uewen eraus. An dat hëlleft eis am Fong och mam Géigendrock, fir déi Wand u sech e bësse ze stabiliséieren.

Des Weidere gëtt uewen déi Wand, wou Der elo gesitt, wou dee klengen Abri ass, déi gëtt erofgebaut op eng Héicht vun ongeféier 1,50 Meter. An dat selwecht och zum Nopeschhaus 30, Rue Fontaine. A voilà. Dat gëtt dann esou mat agebaut, oder ass emol esou geplangt an der Architektur mat anzubauen. Dann zum Planning an zum Oflaf. Hu mer do e klengen? A, Du hues kee Planning dra gemaach. Okay, gutt, ass gestuerwen, de Planning. Dann de Budget, voilà, hei elo de Budget fir déi Aarbechte vun der Viabilitéit. Do komme mer op ronn 400.000.- Euro, déi mer fir all déi Punkten am Moment am Budget virgesinn hunn. Voilà. Merci.

PIERRE GLESENER, SERVICE ARCHITECTURE ET DOMAINES : Onse Budget, dee mer proposéiert hu fir ze stëmmen an deem Fall setzt sech zesummen aus deenen 3,85 Milliounen Konstruktionsdeel mat Virbereedungsarbechten, Stabilitéitsarbechten, Viabilisatiounsarbechte vu 400.000.- Euro. Zu deene kommen nach eng Kéier insgesamt 250.000.- Euro derbäi. Dat ass ënner anerem déi Depollutioun, also d'Asbestsanéierung, déi schonn am Gebai gemaach ginn ass, wat sech deemools schonn op 65.000 Euro hors TVA beziffert huet, einfach als Chiffer. Do kënnt eng Coordination de sécurité dobäi, déi an deem Chantier och wierklech wichteg ass, par rapport zu der Strooss, par rapport zu den Noperen, de Corps-de-métieren, en Neibau, en Albau, all déi Kräizpunkter, ëffentlech Trap,

deen hu mer och e bësse méi héich ugesat wéi mer dat op eisem Standardprojet, soen ech elo mol, op der grénge Wiss hunn. An da kënnt nach ee Montant derbäi, deen net bei den Architekten an esou weider mat dran ass. Dat ass deen Deel Touristes Chantier/Assurance/Garantie décennale/Assurance/Bureau de contrôle, dee fir d'Assurance do nach muss derbäi sinn. An dann ass nach dee kleng Rescht, deen iwweregbleift, dat ass fir de Chiffer ze arrondéieren. An esou setzt sech de Budget vu 4,5 Milliounen zesummen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUEGERMEESCHTER: Voilà, villmools Merci fir d'Presentatioun an d'Erklärungen. Nieft dem Budget vläicht nach bäifügen, dass jo och eis Servicer an enkem Austausch sinn och mam Logements-ministère, well et gëtt jo nach separat eng Konventioun gemaach, wou eng Kéier an der Gemengerot wäert komme par rapport zu de Subsiden an do hu mer déi éischt Retouren, déi mer emol kritt hu vum Logementsministère. Do géife mer bei engem Subsid leie vu ronn 3.130.000.- Euro, voilà. Dat ass am Fong de Montant, déi mer da géife vum Logementsministère kréien. Mee wéi gesot, dat kënnt dann nach separat an engem anere Gemengerot, wou mer dann d'Konventioun virleien hunn, déi muss jo dann och ausgeschafft ginn an och vu béid Säiten ënnerschriwwen ginn. Voilà. D'Presentatioun ass gemeet ginn. D'Erklärungen och. An ech mengen elo ass et un de verschiddene Fraktiounen Stellung dozou ze huelen, wa se wëllen.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Jo, Merci Här Buergermeeschter. Also wéi gesot, e ganz flotte Projet. Mir hu jo ganz oft hei vun der CSV scho gefuerdert, mir musse kucken déi ze maache fir grouss Famillen. Ech mengen d'Tamara Cozzi hat mer gesot, dat hei gëtt schonn e Projet, deen am ganze Land schonn eenzegaarteg ass, well och de Ministère seet, si hunn där am ganze Land net genuch. A mir sinn elo frou, dass hei eppes gemaach gëtt fir grouss Famillen. An där grousser Famillen, dat weess d'Madamm Kayser och, si gesäit dann an hirer Patientelle, där gëtt et vill. Do si mer ganz frou, dass hei sou e Projet zustane kënnt. 4,5 Milliounen. Et ass vill Aarbecht. Mee et soll jo awer och eppes dobäi konservéiert ginn, dat an enger Protection communale ass. Hätte mer dat do natierlech gewosst, dann hätte mer beim INPA nach eng Protection nationale gefrot, dann hätte mer vläicht do och nach eppes kritt. Et weess een et net. An dat ass e flotte Projet. Et muss een och bedenken, mir hunn en awer fir 815.000.- Euro kaaft. Dat heescht 5,3 Milliounen. Dat ass pro Awunner sinn dat 300.000.- Euro. Dat ass jo awer okay.

Ech hat an där Sitzung vum PAG dräi Präzisionsfroe gestallt. An ech wollt déi elo nach eng Kéier opwerfen, just dass een dat eng Kéier héieren huet. Dat eent, dat war dat mat der Kapphéicht. A wou ech gemengt hat, do misst een ëmmer kucken op eng gewëss Héicht ze kommen, well dat awer hei elo am Quartier existant ass a well dat eng Protection communale ass, do spillt dat net. Ech hat och gefrot, firwat eng PMR-Arriichtung virun allem vun deem Neibau net méiglech war. An do war awer gesot ginn, bei esou grousser Famillen ass dat normalerweis keng Prioritéit. A meeschtens riichte sech PMR-Wunnengen u kleng Unitéiten, wéi mer se zum Beispill an der Bodry-Strooss

haten oder A Bëlleg. An dat hei ass eng Typologie fir eng grouss Famill. An dann hat ech nach gefrot, ob mer dee Volume vun der Scheier net hätte kënne bäibehalen. Mee dat ass alles gekuckt ginn, ass mer gesot ginn, do sinn awer statesch Contrainten. De Projet ass esou komplex, dass dat am Präis dann och vill ze deier géif ginn. A mam CGDIS wier och e Problem vum Accès gewiescht. Soudass mer dann eis domadder zefridde fannen, dass nëmmen en Deel vun deem ofgerappten Deel erëm opgebaut gëtt. An dass et net PMR-gerecht ass. An da gëtt dat hei awer e flotte Projet. An ech géif weider soen, do ass alles gemaach ginn och fir energietechnesch propper do ze stoen. An et kann een un deem hei Projet a mengen Aen oder an eisen Ae vun der CSV näischt Negatives fannen. An duerfir stëmme mir där Saach do mat.

ROSELLA SPAGNUOLO (ADR): Merci, Här Buergermeeschter fir d'Wuert. Vun eiser Säit och e grousser Merci fir déi ganz gutt Presentatioun. Mir begrëssen et, dass d'Gemeng Diddeleng an abordable Wunnraum investéiert fir Leit, déi am Besoin sinn. Fir de flotte Projet Rue de la Fontaine vun deenen zwee Haiser, mat insgesamt 14 Kummeren, mat plus minus 400 m², ass jo genuch Raum geschaf gi fir grouss Famillen, fir dass insgesamt 19 Persounen an deenen zwee Haiser kënnen dra wunnen. Dat aalt Bauerenhaus stoung laang eidel an et wor un der Zäit, fir do eng urbanistesche Léisung ze bréngen. Ech soe Merci.

MARC MEYER (DP): Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert. Jo, vu menger Säit och e Merci fir d'Presentatioun an och all Erklärungen, déi Der scho ginn hutt. D'Wunnungskris huet Lëtzebuerg fest am Grëff, den Här Buergermeeschter huet et gesot. A leider Gottes gëtt et och keng Zauberformel, fir do erauszekommen. Ma mir hätte jo gär, dass jidderee soll en Dag iwwert dem Kapp hunn. An dofir begrëssen ech dann och, dass mir als Diddelenger Gemeng hei erëm Verantwortung iwwerhuelen, fir eeben abordable Wunnraum ze schafen. A wéi den Här Gangler et scho gesot huet, dann och fir Famillen, an där Wunnenge ginn et der jo dann och net esou vill um Maart. Ech hätt dann awer och nach eng kleng Fro zu deem klengen Gaart, also net deen hannert dem Haus, mee dee kleng Gaart, deen Der am Ufank gewisen hutt an Ärer Presentatioun. Dee grenzt jo direkt un d'Fassad vum Haus. An d'Fro, wou ech hätt, ass eigentlech, ob do kee Problem ass, dass d'Haus doduerch Fiichtegkeet opzitt? Wann Der mer dat just nach kéint soen, dat wär wierklech fein. Merci.

SEMIRAY AHMEDOVA (DÉI GRÉNG): Merci fir d'Wuert. E schéine gudden Moien. Merci natierlech fir dës Presentatioun. Mir haten effektiv schonn déi Geleeënheet, fir driwwer ze schwätzen an ze diskutéieren. Ech wollt just nach eng Kéier hei betounen, dass e wierklech e flotten an immens groussen Challenge war. Well engersäits muss een eppes renovéiere wat ënner Denkmalschutz, souzeen, läit. An op där anerer Säit muss een och ofrappen. Dat heescht, et ass net nëmmen architektonesche Léisunge bréngen, och de Gaart hannendrun, ech schwätze vun der Architektur, mee och de Gaart hannen ass immens flott amenagéiert ginn, mee et kommen natierlech och déi Ingenieursarbeiten an déi Ingenieursrechnungen dobäi. An dat ass wierklech eppes, wat ongewéinlech ass. Einfach

vun den Efforten, déi musse gemaach ginn, sief et wierklech um Niveau och vum Budget, mee och um Niveau vun de ganzen Aarbechten herno, déi op eis duerkommen. Dat dierf een net aus den Ae verléieren. Ech muss meng Notte kucken, well et ass schonn immens villes gesot ginn, an ech wëll dat elo net widderhuelen. Zu deene Käschten. Wann ee géif einfach déi plakeg Zuele kucken, fir zwee Haiser 4 Milliounen/4,5 Millioun, kéint vill kléngen. Mee et ass scho gesot ginn, d'Acquisitiounskäschte waren och schonn net wéineg. An et ass awer nohalteg iwwerluecht ginn. Et sinn nohalteg Materialien, déi wäerten dobäikommen. Et dierf een net vergiessen, mir schafen awer hei mat deem Budget ëffentlech abordabel Wunnengen an dass déi ëffentlech Hand u sech soll weiderhi wierklech an de Bausecteur investéieren, egal zu wéi engem Präis dat muss ugekuerbelt ginn, fir datt et weider funktionéiert.

Energeetesche gesinn, hunn ech scho gesot, si mer um leschte Stand, do wou et nëmme geet. Dat heescht, do wou mer nei bauen, wäerte mer och eng Wärmepompe hunn. Et ass fir mech, ça coule de source, datt een an engem Albau net onbedéngt muss mat enger Wärmepompe fueren, well mer eeben net déi néideg Viraussetzungen hunn. Dat heescht d'Virlufttemperatur vun der Heizung an hei an do. Ech ginn do net an den Detail. Mee an eisen Aen ass alles, wat méiglech war, och geduecht ginn a gemaach ginn. Jo, ech hu schonn iwwert déi statesch Contraintë geschwat. Ech muss soen, ech hu mer och erlaabt, fir kënne selwer d'Präisser vum Marché richteg ze evaluéieren, hat ech den TVAs-Präis erausgeholl an ech hunn dat Ganzt op SCB, also Surface constructible brutte ausgerechent. A mir leie wierklech, mir sinn an den Normen, also an dem Standardpräis vun haut, deen och relativ deier ass. Also Bauen haut kascht wierklech net näischt.

Mee dofir, dat war dann eng Fro, wéi vill Subventiounen mer géife vum Staat kréien. Den Här Buergermeeschter huet schonn eng Äntwert drop ginn. Do si mer houfreg a frou, fir kënne déi Subventiounen do ze kréien. Also ech hunn notéiert 3.130.000.-. Ech weess, da si mer sous condition que, datt all Konditiounen erfëllt sinn. Mee et gesäit awer gutt aus, well Dir hutt elo scho geplangt nom Cahier de charge, wat vum Ministère ausgeschriwwen ass. An Dir hat och scho Gespréicher. Dofir si mer zouversichtlech, datt mer déi Subventiounen och wäerte kréien. Jo, als Conclusioun kann ee soen, hei wäerten 19 Leit am Fong en neit Doheem kréien, wou se se sech kënne nei opbauen an en neit Liewen ufänken. An ech gesinn, mir ginn ëmmer méi op dee Wee, datt mer opkafen, renovéieren, Neibau am Sënn vu wierklech abordabele Wunnengen. A mat all Projet, dee mer hei realiséieren, kréie mer natierlech och méi Erfahrung. A vläicht e Clin d'oeil un de Schäfferot. Mir fänken un eng gutt Vitesse de croisière ze kréien. A mir hoffen, datt et wäert wierklech an déi Richtung weidergoen an datt mer nach méi weider Projekte wäerten an deem Sënn ëmsetzen. Merci.

ROBY GOERGEN (LSAP): Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert. Ech wëll och am Numm vun der LSAP Merci soe fir déi flott Presentatioun. Mir stëmmen haut iwwer e Projet of, deen eng wichteg Roll an eiser lokaler Wunnengspolitik spillt. D'Schafung vun neiem abordabele Wunnraum

op 36, Rue de la Fontaine, e Site am Zentrum an een, deen och gutt un den ëffentlechen Transport ugebonnen ass. En Haus, wou laut éischtem Kadaster, wann ech richteg informéiert sinn, am Joer 1824 schonn do stoung, also warscheinlech nach méi laang wéi dat. Wéi mir den 19. September 2023 d'Acquisitioun vum Gebai gestëmmt hunn, war eis deemools jo schonn all kloer, datt dëst kee bëllege Projet géif ginn, wat jo och normal ass. An dat, well en Deel vum Bestand klasséiert ass. Fir esou en Objet un déi haiteg Gegebenheeten unzepassen erfuerdert eng respektvoll, technesch usprochsvoll a komplex Approche.

Mee dat soll keen Hindernis sinn. D'Zil ass et hei, zwee essenziell Punkten ze verbannen. Eise Patrimoine erhalen a Wunnraum fir déi Leit schafen, déi et am néidegste brauchen. Wéi schonn erwänt, handelt et sech ëm en historesche Bauerenhaff. Am Haus A Denkmalschutz, Komplexitéit an technesch Erausforderungen. Beim geschützten Haus A gouf esou vill wéi méiglech vum originale Bestand integréiert. D'Struktur, d'Mauern, d'Charakteristik vum Gebai. Dat huet awer eng ganz Rei massiv technesch Erausforderungen mat sech bruecht. D'Baustell ass extreem usprochsvoll. En onstabillen Asbestdaach, bal keng Fondatiounen, eng Scheier an e Giewel, déi musse geséchert ginn. Keng Ofstellplaz, wat natierlech mat sech bréngt, dass d'Installation de chantier op dëser Plaz um Trottoir muss installéiert ginn, esou wéi e komplette morschen Holzbestand maaichen aus dëser Renovatioun e komplexe Projet.

Trotz all deem ass et gelongen, eng beschtméiglech energieetesche Optimiséierung am Respekt vum Bestand ëmzesetzen. Et gëtt zum Beispill Kallek a Plaz vu Gips geholl. An och am Neibau evitéiere mer Styrodur fir de Prinzip vun der Nohaltegkeet konsequent ze respektéieren. Haus B, modern, nohalteg an effizient. Dëst konnt quasi als Neibau geplangt ginn. Hei si modern an nohalteg Technike virgesinn. Wärmepompe, kontrolléiert Wunnraumlüftung mat Wärmeréckgewënnung, Buedemheizung, Photovoltaikanlag méi performant wéi beim Haus A. Dat weist kloer, datt dësse Projet modern an nohalteg ass. An dat obschon d'Konditiounen op där do Plaz net déi einfachste sinn. Fir dësse komplexe Projet ass e Gesamtbudget vu ronn 4,5 Milliounen Euro virgesinn. Mee wéi den Här Buergermeeschter scho gesot huet, kréie mer jo do Subside vum Ministère. Entstoe sollen hei zwou grouss Wunnengen mat enger e Surface habitable vu 415,7 m². Eng Wunneng mat 8 Schlofkammere bis zu 11 Persounen an eng mat 6 Schlofkammere fir bis zu 8 Persounen.

Wéi mer all wëssen, ass et hei zu Lëtzebuerg fir vill Familien haut bal onméiglech, eng bezuelbar Wunneng ze fannen. Fir grouss Familien ass et nach emol méi schwéier. Dofir si Projekte wéi deen heiten esou wichteg. Wunnraum fir Familles nombreuses, Wunnraum, deen um fräie Maart net esou einfach ze fannen ass. Wunnraum, deen net op Profit, mee op Mënschlechkeet ausgeriicht ass. Mir als LSAP sti fir eng Wunnengspolitik, déi keen op der Streck léisst an och net déi grouss Familljen. Jo, et ass en deieren an awer e wichtige Projet. Mee wéi gesot, do ware mer eis jo scho bei der Acquisitioun vum Gebai allegueren eens. D'Komplexitéit vum Bestand, d'Denkmalschutzforderungen, déi néideg Stabiliséierungsarbechten,

d'Asbestsanéierung an déi héich technesch Ufuerderunge maachen dëse Projet sou deier. Eng Transformatioun vun engem geschützten Gebai ass eeben ëmmer méi deier wéi en Neibau. Mee d'Erhale vun eiser Geschicht kombinéiert mat enger sozialer Wunnengspolitik, déi d'Mënschen an de Mëttelpunkt stellt, muss eis dat awer wäert sinn. Dëse Projet ass ambitiéis an en ass komplex. Mee en ass virun allem néideg. Et ass eng Investitioun an d'sozial Kohäsioun an an d'Zukunft vun eiser Gemeng. An dofir ënnerstëtze mir als LSAP dëse Projet kloer. An dat mat Iwwerzeegung. Ech soen Iech Merci.

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Jo, villmools Merci. Als déi Lénk begréisst mir selbstverständlech och dëse Projet. Ech mengen dat ass elo keng Iwwerraschung. Mir sinn ëmmer frou wa mer abordabele Wunnraum schaffen. A grad an dësem Fall, dat ass elo scho vu ville Säite gesot ginn, ass et eebe Wunnraum fir méi grouss Famillen, vläicht fir méi Kanner, well dat si jo déi, déi am meeschte Schwieeregkeeten eigentlech um Marché hunn. Firwat? Zum enge well grouss Wunnenge méi deier sinn. An zum anere well, an dat ass elo scho vu ville Säite gesot ginn, well et der eeben net vill gëtt. Well de private Marché eegen net dat baut, wat onbedéngt gebraucht gëtt, mee dat, wat am meeschte Profit mécht an dat sinn eebe meeschtens méi kleng Unitéiten, wou een der méi ka verkafen amplaz grouss Haiser fir Famille mat méi Kanner, déi dann do kënnen dra wunnen. An dowéinst ass natierlech eng vun den Zauberformelen Här Meyer, dass een d'Logementskris net dem fräie Marché iwwerléisst, mee dass een als ëffentlech Hand agäräift an dat baut, wat gebraucht gëtt. Et ass jo och logesch, dass de private Marché dat doten net ka maachen, well en eeben op Profit aus ass. Wat hei an dësem Projet natierlech och flott ass, dat ass och scho gesot ginn, dass en am Zentrum läit, dass e virun allem no bei all den Institutionen, bei dem ëffentlechen Transport ass. Ech mengen, dass dat ganz wichteg ass.

D'PMR ass schonn ugeschwat ginn. Selbstverständlech ass et gutt, wann et méiglech ass, dat ze maachen. Mee et ass awer wierklech verständlech, dass wa mer esou am Bestand schaffen, wéi mer dat hei maachen, dass dat net ëmmer méiglech ass. An dowéinst ass et och wichteg, dass mer als Gemeng eeben e groussen Immobiliepark hu fir dass mer de Choix hunn an dass mer kënnen, wa mer Leit hunn, déi dorobber ugewise sinn, dass mer deene kënnen eppes ubidden. A gläichzäiteg, dann hu mer eeben aner Wunnenge wou dat net méiglech ass. An dofir musse mer eeben e groussen Immobiliepark hunn. An ech si frou, dass mer sou lues op de Wee ginn, dass mer wierklech méi an den abordabele Wunnraum als Gemeng investéieren. An deem Kader hätt eis awer interesséiert, ech weess net ob dat machbar ass, mee ob de Service Logement eis eng Kéier kéint eng Opstellung oder eng Iddi ginn, wat mir vu Besoinen hunn als Gemeng? Well mir hunn elo dann zwee Haiser fir méi grouss Famillen. Brauche mer där nach méi? Oder sinn déi meeschte Leit dann awer, déi bei eis op der Lëscht si vläicht méi kleng Famillen oder eenzel Leit?

Ech mengen, dass dat ganz interessant wär, fir do och als Gemeng dann eng Kéier ze wëssen, wat ass dann eise Besoin? Fir dass mir och kënne méi an déi Richtung nach poli-

tesch guidéieren, fir dat ze schafen, wat mer och brauchen. Jo, mir schaffen am Bestand. Et ass immens schéin. Dat erkläert dann och, dass de Präis awer vläicht zum Deel deen ass, deen et ass, wa mer eeben a verschiddene Contrainte schaffen. Och energietechnesch ass dat ganz verständlech, dass elo d'Haus A natierlech dann elo méi schlecht agestuft gëtt, well do einfach net dat machbar ass wéi mer am Neibau machbar hunn. Den Nodeel ass natierlech, d'Locataire hunn dann natierlech och méi héich Niewekäschten, wa mer méi schlecht isoléiert sinn. Och dat musse mer ëmmer am Hannerkapp behalen. Et geet jo net just drëm, fir en Zertifikat ze hunn, wou e gréngen A drop steet, mee et geet och ëm d'Käschten, déi d'Locataire dann dee Moment méi hunn, wa se méi schlecht isoléiert sinn. Mee ech mengen, dass mer hei awer dat gemaach hunn, wat ebe machbar war.

Ech wollt Merci soen, dass mer wierklech esou en detailléierten Dossier mat engem detailléierten Devis hatten. Dat mécht et jo ëmmer méi einfach, fir dat Ganz ze kontrolléieren. Och wann et awer dann heiansdo e bësse schwieereg ass, sech erëmzefannen an deene ganzen Zuelen. Mir hunn zum Beispill an eisem finalen Devis hu mer Honorairé fir de Genie civil vun 105.000.- Euro. Mee am Devis vum statesche Büro hu mer awer 182.000.- Euro stoen. Dat heescht, et ass net ëmmer esou ganz novollzéibar, wéi mer elo op dee finalen Devis komm sinn. Ech gesinn och net d'Honorairé vum Geotechniker an eisem Devis. Zum Geotechniker hat ech och d'Fro gehat, ech hunn am Rapport gelies vun HLG, dass mer d'Resultater vun der Étude de sol nach net hunn. Vläicht sinn déi méttlerweil do, well mer jo awer eng Reprise en sous-oeuvre hunn, ob mer dann do awer elo déi néideg Reserve virgesinn hunn am Devis? Well ech stelle mer dat e bësse schwieereg vir, ouni Resultater vun der Étude de sol esou eppes ze plangen.

A wou mer awer e bësse iwwerrascht waren, dat ass, dass mer just eng Hausse légale vun de Präisser vun 2,5 % op dräi Joer virgesinn hunn. Dat kënnt mer awer ganz virsiichteg, oder grad net virsiichteg vir, well an der Diskussioun vum Mengengenateliésgelb, do hate mer jo déi Diskussioun iwwer déi legal Präishausse e bësse méi laang. An do hu mer gesinn, vun 2015 bis 2018, dat war nach déi beschte Period. An do hate mer awer scho 4 %. Dat heescht, 2,5 %, dat kënnt eis ganz wéineg vir. An dowéinst hu mer eis gefrot, firwat mer dat esou ënnerschätzen? An ob do net awer schonn den Devis remanié dann e bësse virprogramméiert ass? An dann hätt ech just nach eng ganz kleng Detailfro. Mee ech hu gesinn, am Devis vum Architect do steet Mobilier pour logement étudiant. A mir hu jo awer elo keng Logements étudiants, just dass dat einfach esou ee Copy-paste vläicht enzwousch, also mer hunn do e bësse Mobilier dran, mee ech mengen net, dass dat fir Logement étudiant ass. Villmools merci.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Ech wollt mer just erlaben eng kleng Zousazpräzisioun ze ginn, déi an der Kommissioun vum PAG opgetaucht war. Dat ass, dass déi Strooss muss wéint den Infrastrukturaarbechte während dräi Woche gespaart ginn. Vläicht ass dat awer interessant, dass dat an de Verbatim kënnt.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUEGERMEESCHTER: Merci. Gutt, ech mengen da kënne mer hei d'Ronn zoumaachen. Ech géif dann d'Wuert zrëckginn, fir op eng Rei technesch Froen, déi gestallt goufen, fir do op déi kënne anzegoen. Dir hutt lech bestëmmt Notte geholl. An da ginn ech och nah op mer e puer Punkten an. Merci.

PIERRE GLESENER, SERVICE ARCHITECTURE ET DOMAINES: Merci fir d'Wuert. Ech probéieren der Rei no op d'Froen anzegoen, virop déi Froen, déi net scho beäntwert sinn an dësem Fall. Wéi den Här Gangler elo grad gefrot huet, mat der Strooss spären. Also haut si mer op engem Standpunkt, dass mer vun 7 bis 9 Schaffdeeg schwätzen, déi d'Strooss wäert musse gespaart ginn. Dat ass haut, no éischte Gespréicher mat eise Kanalamt, Waasseramt an engem Entrepreneur, wou mer dru sinn. Mir sinn awer amgang ze kucken, ob een dat net och nach kierze kann, andeem een zwou Maschinne sur place direkt huet an esou weider. Mir mussen awer och kucken, wat dat dann erëm u Méikäscht bedeit a wéi vill mer reell aspieren. Et ass och eng Strooss, wou mer eng Permission de voirie brauchen an doduerch och d'Konditiounen vun der Ponts et Chaussées mussen erfëllen. Wa si elo soen, mir kënne net just d'Tranchée zoumaachen, mee mir mussen eng Kéier opfräisen an der Râclage op méi enger breeder Fläsch propper frëschmaachen, wat se normalerweis wëllen, da kann et och sinn dass mer se eng zweete Kéier musse fir en hallwen Dag spären. Dat ass, dat sinn nach Konditiounen, déi mer mat der Permission de voirie alleguer ofklären.

Dann hate mer d'Fro vum Här Meyer, par rapport zum Gaart zum Nopeschhaus a wéi dee läit. Op där enger Säit vum Haus B hiewe mir de Gaart, mee do ass keen Haus hannendrunner. Also dat ass zu engem Beräich, wou just d'Gaart hanne widderläit. Natierlech, mir hunn État des lieux scho bei den Nopere gemaach. An natierlech sinn d'Etüden, déi mer elo alleguer maachen, och zu deene Gäert, déi mer vum Haus A, wa mer se elo e bësse méi nei amenagéiere mussen an esou weider. All déi Schutzmoossnamen, déi mer musse maache fir dass d'Fassad herno erëm propper ass, dass d'Ofdichtung propper zu deenen Noperen ass. All déi Punkte falen an déi Viabilisatioun och zum Deel mat dran. Also dat si Käschtchen, déi eeben op eis duerkommen, well mer méi musse schützen, well mer net just stäipen, mee well mer och musse kucken, wat bedeit dat fir deem Noper seng Terrass, wat sinn d'Contrainten, déi do doraus entstinn? Déi Fraise si mat dragerechent.

Deementspriechend kann ech och op d'Fro agoen, ob mer d'Etüd vun de Buedemanalysen an esou weider hunn. Déi hu mer an der Zwëschenzäit. Mir hunn net super, kee wierklech gudd Buedem do drënner, muss ee leider soen. Mir hunn och keng déif Fondatiounen vun eise Maueren oder esou, déi si gemauert bis net wäit ënnert de Buedem, 10 cm, 20 cm, méi wäit ginn déi net ënnert den Trottoir. Soudass, erëm, vill vun deene Fraise déi hei dra sinn, ass net just well et e Bestand ass, mee well et e Bestand och an enger gewëssener Qualitéit ass, déi en eeben huet. Mee déi Fraise si mat virgesinn. Deementspriechend si mer och mat de Fraise, mir si mat den Etüden eigentlech recht wäit gaangen a recht déif an de Projet eragaangen, soudass mer och probéiert hunn awer hannendrunner, fir net de

Budget onnéideg grouss ze maachen, fir elo esou vill Imprevue wéi méiglech auszuschléissen, hu mer déi probéiert an de Projet mat eranzekréien.

Natierlech, d'Materialdeierecht an d'Haussen ass ëmmer esou eng Fro. Op där anerer Säit, e Budget grouss maachen, d'Schold fir d'Gemeng grouss plangen. Mir wëssen haut, dass wann e Krich kënnt oder eng Kris kënnt oder iergendeppes op der Welt spezifesch geschitt, dann explo-déieren d'Präisser op engem spezifesch Material. Also mir hate Joren, dann ass d'Holz 40% an d'Luucht gaangen ënnerhalb vu sechs Méint, dann hu mer aner Zäiten dann ass et de Stol, an elo mam Pétrol a mat den Energiekäschtchen. Dat ass immens schwéier anzeschätzen. An elo e Budget, eng Reserv dranzesetze wou mer elo soen 8% oder wéi och ëmmer, dranzesetzen, dat mécht de Budget grouss. An ech muss och soen, mat der Konventioun mam Ministère du Logement gëtt dat och net akzeptéiert. Also mir hu gewësse Grenzen. Mir hunn also eng Kéier Imprevue virgesinn, plus 2,5 % fir Hausses de prix. En Deel vun der Viabilisatioun an esou weider fällt jo och net an déi dräi Joer mat dran. Soudass déi, wéi soll ech soen, déi 2,5 % op de gesamte Montant ass och anescht wéi wa mer elo soen, wat ass dann zu wéi enger Phas ganz genau?

D'Subsiden, do war de Buergermeeschter schonn drop agaang, dass mer en éischte positiven Avis zu de Subsiden hunn an dass de Projet subsidiabel ass. Och do kucke mer nach hannendrunner, andeem mer Argumenter ginn, wat d'Gesetz och hiergëtt, fir bei dem geschützten Gebai: Wat si Méifraise, déi mer hunn, well mer zum Beispill Klapp-luede musse maachen oder esou weider oder esou fort? An do kann de Minister eng Derogatioun ginn. Mee déi ass haut nach net virgesinn, vu dass et nëmme de Minister ass, deen déi ka ginn, net d'Kommissioun an och net d'Fonctionnaire vum Ministère du Logement.

D'Fraise zu de Buedemanalysen, déi sinn um Budget vun den Etüden, déi bis zum APD jo en eegene Kont sinn. Also an eise Budget extraordinär hu mer jo en Etüdebudget. An déi sinn do mat ragefloss, fir dass mer de Konstruktionsbudget iwwerhaapt proposéiere kënne. Da war nach ee Moment, dass am Text do en Etudiant mat drasteet am Budget. Dat ass éischter, wa mer soen, mir hu méi al Kaner, déi dann och nach léiere mussen oder e Bureau oder aner Saachen. Och do sief gesot, dat ass éischter den Titel. Mobilier gëtt net vum Ministère du Logement subsidiéiert an ass eigentlech eppes, wat mir an eise Projeten éischter evitéieren. Elo kënnt awer hei, dass mer eenzel Héichten hunn an eenzel Fallschutze wollte vläicht kombinéiere mat engem Miwwel, well mer net sécher sinn, ob mer kënne elo an der Fënster eng Staang bäimaachen oder wéi mer dat da konstruktiv maachen. Dat ass awer eng Zuel, déi sech da vläicht vun enger Plaz op eng aner e bësse verschiebt. Mee et ass awer finanziell virgesi ginn, dass mer dat maachen. An dass et net do och erëm zu engem Imprevu an deem Sënn kënnt. An deementspriechend hunn ech all d'Fro ginn zu deene Punkten, déi ech mer opgeschriwwen hunn. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUEGERMEESCHTER: Villmools Merci och fir déi doten Äntwerten. Ech géifen nach

vläicht op e puer aner Consideratiounen agoen hei vu Constate respektiv Froen, déi gestallt goufen. Ech mengen d'Schäfferotserklärung, et ass jo e bëssen dee Kontrakt, dee mer agaange si mat der Stad Diddeleng. An do ass jo kloert d'Bekanntnis dra fir och an den abordabele Wunnraum, an erschwéngleche Wunnraum ze investéieren an och Projeten ëmzesetzen. An dat heite schreift sech och an deen dote Kontext an. An, bon, dofir begréissen ech och generell déi grouss Zoustëmmung, déi dëse Projet kritt. Dat huet ee jo aus de Stellungnamen eraushéieren. An dofir och vun dëser Plaz aus e ganz, ganz grouse Merci, well et ass effektiv, wéi hei gesot gouf, un den ëffentlechen Acteure Responsabilitéit ze iwwerhuelen.

Wann ee generell kuckt, nieft dem Projet NeiSchmelz an deene Projeten, déi mir elo an der Pipeline hunn als Stad Diddeleng, maachen ech awer och de Constat, dass am Fong geholl op anere Plazen, zum Beispill de Staat keng Vewa-Projeten hei zu Diddeleng huet oder vläicht an nächster Zukunft huet, vu dass e jo wëlles huet, wéi een dann déi lescht Deeg héieren huet, 300 Milliounen sech méi ze ginn, fir dann a Vewa-Projeten ze investéieren. On verra bien.

Mee op alle Fall virun allem si mir déi, déi et de Moment hei undreiwen als Stad Diddeleng am Kader vu Vewa-Projete selwer, déi mer gemaach hunn, déi mer och hei gestëmmt hunn oder eeben och alt am Kader vu Projeten, déi sech net der Vewa verschreiwen, mee déi dann eeben an der classescher Prozedur, wéi effektiv och hei haut virgestallt goufen. Da muss een och soen, dass dat heite jo am Fong den zweete Projet ass, wou mer e fréiere Bauerenhaff renovéieren. Dir kënnt Iech erënneren, 37-39, Rue du Commerce. Dat war jo och e Bauerenhaff matten am Zentrum vun Diddeleng an der Rue des Écoles. Dat heescht och e bësse sou de Gebuertsschäi vun der Stad Diddeleng, deemools, wat jo och e klasséiert Gebai war. Dat heiten huet och eng Protection communale.

Et ass ëmmer schéin, wann ee seet, Här Gangler, et hätt een och nach kéinten eng national Protektioun drop setzen. Also wann ech jo kucken, mir hu jo e Méinden d'Renovatioun ageweit an d'Modernisatioun vun der Briller Schoul, déi huet eis 7,8 Milliounen kascht. Vum INPA krute mer 400.000.- Euro. Dat heescht engersäits ëmmer, wann affichéiert gëtt och vum INPA, respektiv Kulturministère wéi wichteg, dass et ass. A gëschter war jo nach Buergermeeschterdag, wou iwwert Kultur geschwat gouf a wou och natierlech den INPA present war, wann een dann héiert déi grouss Messagen, wéi wichteg et ass, de Patrimoine ze erhalen, wann een dann och Responsabilitéit iwwerhëlt, a mir hate jo ganz oft hei Diskussiounen am Gemengerot, wéi wichteg dass et ass, de Patrimoine ze erhalen, ze valoriséieren, ob dat elo deen heiten ass, wou een abordabele Wunnraum mécht. Ech kann awer och, mengen ech, schwätzen iwwert NeiSchmelz mam Vewa respektiv mam Lokomotivatelier, wou elo d'Kantin dran ass. Wann een do gesäit, wat mer vu Subside vum INPA kruten, dat war also wéi gesot, ech hat e Méindeg gesot eng Drëps op de waarme Steen. Dat ware Grimmelen.

A wéi gesot, dofir, et ass ëmmer schéin, wa Saache klasséiert ginn. Op alle Fall d'Subsidiepolitik, mengen ech, ass awer ganz kloer do ze iwwerdenken. Well ech mengen

och dat en Incentive ganz kloer ka sinn. An och e staarke Message ka si säitens vum Ministère, och vis-à-vis vun de Gemengen, wa se en als Partner gesi fir de Patrimoine deementspriedend ze erhalen. Dat vläicht och e bëssen als generell Consideratioun. Well et ass och ugeschwat ginn, dass dat heiten net PMR-gerecht ass. Ech mengen do kucke mer jo och. Am Neibau ass et natierlech ëmmer méi einfach PMR-gerecht Gebailegkeeten ze hunn, wéi mer virun engem décke Mount d'Rue Nic Bodry ageweit hunn, do hate mer jo och Logementer déi PMR-gerecht sinn. Do ass et mengen ech dann och méi einfach et deementspriedend ëmzesetzen. Respektiv och do de Fokus jo och Wunnengen ze hu fir Koppele mat Kanner.

Haut, mengen ech, an deem heite Projet éischter fir grouss Famillen. An dofir mengen ech och déi Demande fir eng Kéier mam Service Logement e bëssen driwwer ze kucken. Dat kënne mer ganz gäre maachen. Ech ka kucken, dass mer de Service Logement respektiv d'Madamm Cozzi dann an der nächste PAL-Kommissioun mengen ech invitéieren. An do kënne mer déi Diskussioun féieren, wat mengen ech generell e bëssen d'Strategie och vun der Gemeng ass um Niveau vum abordabele Wunnengen. Ech mengen, dass dat dee Kader ass, wou déi doten Diskussiounen op alle Fall ka, mengen ech, ënner Parteien a respektiv och Fraktiounen och deementspriedend féieren. Dat par rapport zu deene Punkten, déi gefouert goufen.

Ech fannen, dass dat heiten awer nach e Projet ass, wann ee kuckt, dass mer 2023, et ass nämlech gesot ginn, de Projet huet et schonn deier kascht. 2023, wéi gesot, hu mer d'Acquisitioun gemaach. Et war jo um Kader vun enger Succession vacante wou mer dat och beim Curateur reaktiv gesinn. Bon, deen heite Präis och vun deenen 815.000.- Euro, dat hu mer jo och deemools, am Kader vun enger Expertis etabliere gelooss mat engem agréierten Expert. Soudass mengen ech och deen heite Präis, an deem Sënn och deementspriedend geschat gouf. Ech mengen dat wär et zu den Ausféierungen, déi ech nach wollt menger-säits ginn.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUEGERMEESCHTER: An da géif ech proposéieren, dass mer elo zum Vott géifen iwwergoen. Wien ass hei mat der, mat deem Devis estimatif vu 4,5 Milliounen averstanen? **Dat ass unanime.** Da soen ech Iech villmools Merci an och Iech Merci fir Är Presenz an Är Presentatioun.



3. Reamenagementsaarbechten vun der Route de Thionville

Approbatioun vum Devis estimatif fir d'Reamenagementsaarbechten vun der Route de Thionville – Projekte fir Kanalisatioun a verschidde Reseauen

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Da kënne mer op deem nächste Punkt iwwergoen. Dat ass am Fong d'Presentatioun vun den Aarbechte ronderëm de Reamenagement vun der Route de Thionville. Do hate mer jo och schonn en informelle Gemengerot, eng Aarbechts-sitzung, wou de Projet virgestallt gouf. Dofir begrëssen ech awer och hei an eiser Ronn vu Schroeder & Associés, d'Madamm Bertinelli an och den Här Schroeder an och den Här Ries a vun eise Servicer den Här Pelt, den Här Da Silva an d'Madamm Gottschalk. Dat heite mengen ech ass e ganz, ganz wichtege Projet, de Projet vun de Reamenagement vun der Route de Thionville, well am Fong d'Route de Thionville an Dir wësst et, e strukturéierend Element ass fir d'Entwécklung vum Projet NeiSchmelz. A voilà, säit dem Architektoconcours ronderëm NeiSchmelz an der ganzer Auslobung, also ëm 2006, also vun Ufank u vun der Planung vum Projet NeiSchmelz, wéi gesot, ass d'Route de Thionville en Axe structurant an huet natierlech och eng grouss Influenz op d'Vitalitéit vum neie Quartier.

De Projet, dee mer haut virstelle gouf och an enker Zesummenaarbecht gemeet an ausgeschafft mam Fonds du Logement, mat den CFL an och mat Ponts et Chaussées, woubäi natierlech och Ponts et Chaussées hei de Lead vum Projet wäert hunn. An d'Route de Thionville spillt natierlech eng zentral Roll fir d'Erschléissung, dat muss ee soen, vum Quartier NeiSchmelz engersäits ass et e Mobilitéitskorridor fir den ëffentlechen Transport, fir d'Mobilitéé douce an de motoriséierte Verkéier an huet natierlech och dee ganze Volet vum ënnerierdeschen technesche Reseau, deem natierlech dann dobäikënn. An et ass natierlech och, an et bleift eng Haaptverbindung tëschent Diddeleng an och Volmerange-les-Mines. Also ee ganz, ganz wichtigen Achse structurant hei fir d'Stad Diddeleng an awer och fir de Projet NeiSchmelz. Virun allem wou jo, dat mierkt ee jo säit gutt zwee Joer, d'Sanierungsarbechten op Volltoure lafen a viraussichtlech de Fonds du Logement jo da plangt, 2029 déi éischt Wunnengen ze liwweren. Voilà. Dëst gesot, géif ech dann hei d'Wuert weiderginn un d'Vertrieder vu Schroeder & Associés, fir da kënnen de Projet virzestellen. Ausser d'Claudia wëllt nach op e puer Punkten agoen? Da géif ech him och nach als Verkéiersschäffin d'Wuert ginn.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – 4. SCHÄFFIN): Neen, ech mengen ech ka just soen, et sinn eng Partie Leit hei, déi och an der Verkéierskommissioun souzen. Mir hunn dat och virgëschter an der Verkéierskommissioun virgestallt. Do waren och de Max an d'Lisa do, déi och elo am Detail nach eng Kéier wäerten drop agoen. Ech hunn och do scho gesot, well et waren eng Partie Froe komm, wéi mer de Verkéier wäerte reegelen, wann dann do bis ugefaang gëtt. Do hunn ech och gesot, dat wat ech elo wäert soen, nämlech, dat mer nach eng Kéier mussen zrëckkommen an de Gemengerot, natierlech mat engem Verkéiersreglement, an och nach eng Kéier zrëckkommen an d'Verkéierskommissioun, wann de Phasage bis fäerdeg ass a wa mer genau wësse wéi de Chantier wäert oflafen. An ech hunn och do gesot, dat wat ech de leschte Gemengerot scho sot, dat mer net genau wësse wëini mer do wäerten ukommen. Ech hat de leschte Gemengerot scho gesot, op Froen hin, dat mer e Rendez-vous hätte mat der Ministesch, dee warscheinlech am spéide Summer wäert stattfannen an dat mer do warscheinlech méi wäerte gewuer ginn. Alles dat hunn ech der Verkéierskommissioun gesot. Ech wëll dat awer fir de Procès-verbal dann hei och nach eng Kéier soen an ech mengen, da ginn ech dem Max oder dem Lisa oder deenen zwee Wuert, fir nach eng Kéier duerch d'Presentatioun ze fueren. Merci.

LISA BERTINELLI, SCHROEDER & ASSOCIÉS: Villmools merci fir d'Introduktioun. E schéine gudde Moien och vun eiser Säit. Mir féieren lech haut eng Kéier duerch den Dossier vun der Route de Thionville, ugefaange mat enger ganz klenger Introduktioun. An da géif de Max lech am Fong dat ganz Reamenagement presentéieren, wat sech un der Uewerfläch mécht. An de François géif lech alles presentéieren, wat sech ënnert dem Buedem esou deet. Genau, an dann duerno schwätze mer nach eng Kéier kuerz iwwert d'Repartition des coûts an iwwert de Master Planning souwéi iwwert d'Deviatoun. Genau, Introduktioun, wa mer op déi nächst Säit kucke gesi mer hei eng Kéier de Stroossersseau vun der Stad Diddeleng. A blo d'Autobunn. An a gréng an a rout de staatleche Stroossersseau. A rout, dat sinn d'Nationallen an a gréng d'CRen. An een dovun ass eebe wéi gesot d'Route de Thionville, iwwert déi et haut geet. Genau. Da ginn ech do d'Wuert un de Max.

MAX SCHROEDER, SCHROEDER & ASSOCIÉS: Voilà, dann och gudde Moie vu menger Säit. De Projet vun der Route de Thionville, wéi virdru scho gesot, ass och duerch seng Gréisst an duerch seng Komplexitéit ass en an insgesamt 20 Ënnerdossieren ageedeelt, déi jeeweils vun deene véier Haaptacteurs geréiert wäerte ginn. Dat ass dann eng Kéier d'Diddelenger Gemeng, d'Administration des Ponts et Chaussées, d'CFL an de Fonds du Logement. Dossieren, déi fir d'Diddelenger Gemeng traitéiert ginn, dat sinn déi ab elo. Eng Kéier d'Lokalisatioun vum Projet op der Orthofoto vum Diddelenger Territoire. Do hu mer an der rouser Schraffur de Stroossebauprojet op enger Längt vun insgesamt zwee Kilometer, eng Kéier vum Kräizungsberäich Rue de Volmerange bis bei de PN104A respektiv d'Rue Karl Marx. Wa mer dann eng Kéier e bësse méi genau drop kucke gesäit een, dass de Projet insgesamt véier PAPen tangéiert, dat ass lénks ugefaangen oder südlech, de PAP-Süd, dann eemol de PAP-Centre an de PAP-Nord op der rietser

Säit vun der Eisebunn an eng Kéier de PAP-Italie op där anerer Säit. De Stroossebauprojet selwer kann insgesamt an dräi verschidde Secteuren ënnerdeelt ginn. Wa mer rëm lénks oder südlech ufänken, ass dat de Secteur Sud, wou mer e Renouveau vun der Bestandsstrooss plangen.

De Secteur Centre, op dësem Beräich gëtt effektiv e ganze Reamenagement geplangt, wou d'Strooss dann och deelweis verbreet wäert ginn, an op der Säit vun de PAPen och nach eng bidirektional Vëlospist an en Trottoir amenagéiert wäerte ginn, zesumme mat enger Gréngsträif. An de Secteur Nord, och Déplacement, hei sinn déi gréissten Aarbechte geplangt, well déi bestoend Route de Thionville deplacéiert wäert ginn zum Bestand, fir sech un d'CFLs-Eisebunn erunzefügen a Plaz ze maache fir de PAP-Nord. Op dësem Slide gesäit een dann eng Kéier lénks d'Bestandssituatioun a riets déi zukünftege geplangte Situatioun, ëmmer lénks, wou ee gesäit, dass d'Route de Thionville haut um Beräich tëscht der Rue du Centenaire an der Rue Karl Marx jo e bësse méi wäit ewech vun der CFL läit. An dësem Deel hu mer dann och nach eng bestoend Foussgängerënnerféierung an d'Passerelle fir eriwier an de Quartier Italie.

An der zukünfteger Situatioun, wéi ech virdru scho gesot hunn, wäert... Ech ginn dovun aus, Dir hat de Slide virdrun nach net gesinn, wéi ech scho geschwat hunn. Da fänken ech nach eng Kéier vu vir un. Voilà, op der lénker Säit gesäit een dann eng Kéier d'Bestandssituatioun wéi et haut ass, an op der rietser déi zukünftege geplangte Situatioun vum Projetsberäich vun der Route de Thionville.

Wéi ech virdru scho gesot hat, ass an der Bestandssituatioun, dat weess jo jiddereen, ass d'Route de Thionville ab der Rue du Centenaire bis bäi d'Rue Karl Marx jo e bësse vun der CFL ewech. A mir hu jo déi bestoend Foussgängerënnerféierung an déi bestoend Passerelle op dësem Abschnitt. An der zukünfteger Situatioun peche mer, oder ass virgesinn, d'Route de Thionville méi no un CFL unzefügen. An hei muss dann déi bestoend Foussgängerënnerféierung adaptéiert ginn. An am Projet wäert dann eeben och, fir d'Route de Thionville kënnen ze deplacéieren, déi bestoend Passerelle och demoléiert ginn. Et ass awer och wichteg ze soen, dass hei awer verschidde weider Iwwergäng, Ënnerféierungen a Passerelle geplangt sinn. Déi sinn awer net am Kader vun dësem Projet virgesinn, mee am Kader vun de Projets connexes. Iwwert déi ganz Längt vum Projet vun der Route de Thionville wäert dann och eng Vëlospist, eng separat Vëlospist bidirektional geplangt ginn, op der südlecher Säit zu der Säit vun de PAPen.

Wa mer eis elo eng Kéier ee Kräizungsberäich e bësse méi genau ukucken zwëscht dem PAP-Süd an dem PAP-Centre. Hei gesäit een a blo duergestallt déi bidirektional Vëlospist mat enger Breet vun dräi Meter, sou wéi a giel den Trottoir mat enger Breet vun dräi Meter. An dëse Säiteberäich ass mat engem Gréngsträife mat Beem getrennt vum Projet vun der Route de Thionville selwer vun der Strooss. D'Stroosseplanung gesäit och vir, dass ee separat Lénksföbier huet fir an de PAP eranzefueren. Och am Projet virgesinn ass den Amenagement vun engem Busarrêt. Dëse gëtt mat zwou Encochë virgesinn, fir dass d'Busser och an de Säiteberäich fuere kënnen fir de Verkéier net groussaarteg ze stéieren. An d'Busarrête wäerten och barrierefräi a

behënnertegerecht ausgefouert ginn. Dat selwecht gëllt fir déi zwee Foussgängerüwwergäng eng Kéier bei der bestoender Ënnerféierung souwéi bei der geplangter Ënnerféierung vun der CFL.

FRANÇOIS RIES, SCHROEDER & ASSOCIÉS: E schéine gudd Moien och vu menger Säit. Ech erkläre lech eng Kéier kuerz, wat alles am Ënnergrond erneiert gëtt wa mer déi Uewerflächenaarbechten an déi Stroossebauaarbechte maachen. Et si meeschtens Saachen, déi een herno net méi gesäit, déi awer onerlässlech sinn. An deemno och eng grouss Staang Geld kaschten. Wa mer eng Kéier op den nächste Slide ginn, do sinn nach eng Kéier déi 20 Dossiere vun deenen de Max lo virdru scho geschwat huet, déi déi véier Bauhäre betreffen. Ech wäert elo eng Kéier graff, séier derduerch goen, wäert awer méi detailléiert op déi Dossieren agoen, déi elo fir d'Gemeng Diddeleng sinn. Hei ass eng Kéier eng Coupe-type, déi mer op der Route de Thionville gezunn hunn, wou ee representativ sämtlech Bauhäre gesäit an d'Zoustännegkeeten an d'Saachen, d'Aarbechten, déi se realiséieren.

Dir hutt dee rosae Beräich, dat ass den Deel, dee vun der Ponts et Chaussées gedroe gëtt. De gréng Beräich, dee vum Fonds du Logement. Dee bloe Beräich ass dee vun der Stad Diddeleng. An op dësem Slide ass elo net den Deel vun der CFL drop, well d'CFL just op enger Plaz punktuell Aarbechten duergestallt, déi awer op där dote Plaz elo net duergestallt sinn. D'CFL ass awer och Co-maître de l'ouvrage op deem Dossier. Fir d'Gemeng Diddeleng ass ze soen, dass haaptsächlech Drénkwaasser, Gasleitung, Chauffage urbain a verschidden Drockleitungen souwéi Entwässerungskanal an den Zoustännegkeetsberäich vun der Stad falen. Eng Kéier kuerz d'Dossieren opgezielt, déi am Zoustännegkeetsberäich vum Fonds du Logement respektiv der CFL sinn. Hei ass ee grouss Paart, deen an de Beräich vum Fonds du Logement fält. Et ass nämlech esou, dass mer d'Diddelenger Baach momentan, am mëttlere Beräich vum PAP-Centre leeft d'Diddelenger Baach duerch den zukünftege PAP. A fir de PAP viabel kënnen ze maachen a realiséieren ze kënnen, muss déi Diddelenger Baach aus dem, aus deem Beräich erausdeviéiert ginn. Dat sinn Aarbechten, déi an den Zoustännegkeetsberäich vum Developpeur vum PAP falen, also vum Fonds du Logement.

De Fonds du Logement iwwerhëlt dës Aarbechten. Et ass awer esou, dass d'Gemeng Diddeleng am Ufank vum Projet decidéiert hat, fir d'Zigel vun deem ganze Projet an der Hand ze halen, dass d'Planungsarbechten iwwert d'Gemeng Diddeleng lafen, déi awer herno vum Fonds du Logement rembourséiert ginn. An dësem Slide sinn nach eng Kéier déi sämtlech Dossiere vum Fonds du Logement duergestallt, haaptsächlech Entwässerungsarbechte laanscht de PAP-Süd, de PAP-Centre, den Déplacement vun der Diddelenger Baach, dat ass u sech deen décke bloe Stréch, deen der tëscht dem PAP-Centre an der Rue Karl Marx gesitt a sämtlech aner Mëschwaasser- a Schmutzwaasserkanal, déi fir d'Erschléissung vun deenen eenzelne PAPen noutwendeg sinn. Dossier 10 ass Dossier vun der Stad Diddeleng. Do muss ech e bësselche méi wäit aushuelen. Du kanns op déi nächste Säit goe wannechgelift. D'Drockleitung, et ass esou dass d'Entwässerung vun deene véier PA-

Pen NeiSchmelz nëmmen iwwert eng Drock- iwwert eng Pompelstatioun mat Drockleitung fonctionéiere wéinst de Gegebenheeten an der Héicht. Et ass esou, datt mer d'Ofwaasser, d'Schmotzwaasser aus deene véier PAPen op enger zentraler Plaz sammelen, op enger grousser Pompelstatioun zesummeféieren. Déi Pompelstatioun ass ausserhalb vum Beräich vun der Route de Thionville an domat och net Bestanddeel vun dësem Projet, ass awer en zentraalt Häerzstéck fir datt dee ganze System fonctionéiert.

Et ass u sech ugeduecht, dat Waasser op enger Plaz ze sammelen an da queesch duerch Diddeleng eng Drockleitung vun ongeféier enger Längt vun 3,4 Kilometer ze leeën, bis hannert de Reeniwwerlafbecken, dee momentan an der Rue du Nord vergréissert gëtt. Et ass esou, datt mer eis mat de Kollege vum Büro BEST dëse Projet deelen. Mir schaffen an deem Deel méi zur Säit vun NeiSchmelz an de Bureau BEST schafft méi Richtung Baseng Rue du Nord. Do sinn eenzel Abschnitter, déi si scho geluecht gi respektiv gi realiséiert. An am Kader vun der Route de Thionville misste mer och hei op der Längt ebe wou d'Strooss nei gemaach gëtt, tëschent där zentraler Pompelstatioun an der rue Karl Marx déi Drockleitung matleeën.

Dann hu mer zwee Dossieren, déi u sech Entwässerungsarbechte vum PAP-Italie begräifen, respektiv Aarbechte laanscht de PAP-Centre. Et ass eng Kéier uewen um Slide gesitt Der de PAP-Italie. D'Waasser aus deem Quartier, wat awer elo nach net den neie PAP ass, leeft iwwert e Mëschreseau. De PAP gëtt, wéi d'Virgawe vum der Waasserverwaltung et virschreien, gëtt am Trennsystem entwässert. Dat heescht, mer brauchen zwee Achsen, eng Kéier fir d'Schmotzwaasser, eng Kéier fir d'Reewaasser. Fir dat awer net nach eng Kéier mam Mëschwaasser ze vermëschen, musse mer zwee getrennte Réier op déi aner Säit vun der Eisebunn leeën. Dat geschitt all Kéiers iwwert e Fonçage, deen ënnert der Eisebunn gedréckt gëtt, eng Kéier fir de Reewaasserkanal an eng Kéier fir de Schmotzwaasserkanal. Dat Waasser, wat dann op där anerer Säit vun der Eisebunn an der Route de Thionville ukënnt, geet dann iwwert e parallele Kanal duerch d'Strooss bis an déi nei grouss Pompelstatioun, déi gesitt Der hei ënnen. Do kënnt déi nei grouss Pompelstatioun, déi awer ausserhalb vum Stroosseberäich läit an domadder net Bestanddeel vun dësem Projet ass. Okay.

De PAP-Nord, et ass esou, den Déifpunkt vum PAP-Nord hu mer ënnen op der Kräizung mat der Rue Karl Marx. Mir hu verschidde Léisungen elo analyséiert wéi mer dat Waasser aus dem PAP-Nord kënnen a Richtung Kläranlag Beeteburg schécken. Et ass elo esou, datt mer um Déifpunkt vum PAP-Nord mussen eng Pompelstatioun realiséieren, dat ganz Waasser op där Plaz sammelen an dann iwwert eng Drockleitung op déi zentral Pompelstatioun am PAP-Centre féieren. D'Drockleitung, déi vun där grousser Pompelstatioun Richtung Rue du Nord geet, leeft laanscht déi Pompelstatioun. Da kéint Der mer soen, da kéinte mer jo am Prinzip direkt do dran uschléissen. Mir hunn eis déi Saach ugekuckt, mir hunn dat analyséiert, dat fonctionéiert awer wéinst techneschen, wéinst steuerungstechnesche Grënn a wéinst Drockhéichten an der Drockleitung fonctionéiert dat net. Duerfir musse mer d'Waasser eng Kéier zrëckpom-

pelen, fir et dann iwwert déi grouss Leitung Richtung Rue du Nord ze féieren. Et ass esou, datt d'Route de Volmerange momentan am Mëschsystem entwässert, dat heescht et ass e System unitaire, wou ech souwuel d'Schmotzwaasser wéi och d'Reewaasser an engem Rouer hunn. Dat bedeit awer, datt ech op enger Plaz dat Waasser stockéiere muss, well am Reewiederfall souvill Waasser kënnt, datt de Kanal et ënnerhalb net packt. Dat heescht, ech muss e Reeniwwerlafbecken bauen. An dësem Fall hunn ech er Reeniwwerlafbecken, nämlech de RUP-CNA, deen hei ënnen a gréng agezeechent ass. Et ass elo esou, datt d'Waasser, wat u sech aus engem Reeniwwerlafbecken erausleeft, muss herno, soll herno an e renge Schmotzwaasserkanal goen an net méi nach eng Kéier mat Mëschwaasser vermëscht ginn. An dësem Fall ass et awer esou, datt et mat Mëschwaasser nach eng Kéier vermëscht gëtt, an déi Situatioun wëlle mer berengegen. An dofir gi mer hin, mir hu virgesinn elo hannert dee Baseng eng kleng Pompelstatioun ze setzen an dann iwwert eng Drockleitung dat Waasser, den Drosseloflaf, dat réngt Schmotzwaasser aus deem Baseng och erëm eng Kéier an déi zentral Pompelstatioun am PAP-Centre ze féieren.

Sou, dat hei ass en Dossier, deen ënnert der Verantwortlechkeet vum Fonds du Logement ass. Do geet et drëm, vir u sech dat Waasser, wat am PAP-Nord ufält, Schmotzwaasser, dee PAP gëtt och erëm eng Kéier am Trennsystem entwässert, fir dat Schmotzwaasser iwwert e separate Schmotzwaasserkanal bis op déi Pompelstatioun ze féiere vun där ech elo grad geschwat hunn. Do gesitt Der eng Kéier de Beräich, deen do betraff ass. Hei sinn dann nach eng Kéier d'Punkten opgefouert, d'Dossieren opgefouert, déi elo am Zoustännegkeetsberäich vun der Stad Diddeleng sinn, den Dossier Nummer 20. Et ass esou, datt mer südlech vum PAP-Süd, am sougenannte PAP-Greisendall, momentan eng ganz oniwwersiichtlech Situatioun hunn. Do sinn eenzel Haiser, déi do stinn, déi nach Fosses septiquen hunn, wat u sech net méi de Reegele vun der Technik entsprécht. Mer hunn eng Drockleitung, déi aus Frankräich kënnt, déi do derlaanscht geet an nees eng Kéier an de Mëschwaasserreseau an der Route de Volmerange uschléisst. Jee, et ass eng Situatioun, déi net ganz glécklech ass. Dozou kënnt dann och nach en neie PAP, deen do soll realiséiert ginn, deen da laut de Virgabe vum der Waasserverwaltung am Trennsystem entwässert muss ginn. A mer géife gär an dësem Kader dovunner profitéiere fir déi Situatioun ze berengegen an elo schonn alles dat, wat am Beräich vun der Route de Thionville ass, mat virzegesinn.

Ech erspueren lech déi ganz technesch Detailer. Dat kann een noliessen. D'Iddi ass u sech esou, datt mer kucken, fir déi Fosses septiquen ze suppriméieren, déi op där Plaz do si vun deenen eenzelen Haiser, e lokale Reseau ze leeën, deen op eng Pompelstatioun féiert, dat Waasser iwwert eng Drockleitung bis, wat da reng Schmotzwaasser ass, bis an de PAP-Sud ze féieren an dat net méi mat Mëschwaasser ze vermëschen. Dat Ofwaasser, wat aus Frankräich kënnt, eebenfalls an de PAP-Sud ze féieren, well dat och rengt Schmotzwaasser ass a reng nëmmen dat Mëschwaasser, wat ufält, nach erëm eng Kéier mat dem Waasser an der Route de Volmerange ze vermëschen, fir net erëm eng Kéier eng oniwwersiichtlech Situatioun ze kréien.

Hei ass eng Kéier den Detail, wéi et do op der Plaz ausgesäit, dat ass awer alles ausserhalb u sech vum Beräich vun der Route de Thionville, duerfir kënne mer doriwwer ewechgoen. Dann ass et esou, datt nieft den Entwässerungs- an Assainissementsachsen och nach eng ganz Rei Dréchere-seauen erneiert ginn. Et ass virgesinn, an deem ganze Beräich vun der Route de Thionville eng nei Wasserleitung ze leeën, eng Verdeelungsleitung an dann och nach eng Kéier Ënnerverdeelung. et ass awer och virgesi fir eng Mëtteldrockleitung ze leeën, bis op eng besteeënd Entspannungsstation. An ab där Entspannungsstation dann eng nei Nidderdrockverdeelung am Gas, op der ganzer Längt vun der Route de Thionville an dann och eran an d'PApen. Donieft ginn och nach dann de ganze Kéier Koup Dréchere-seauen, Eclairage public, Antenn, an esou weider an esou fort, an inklusiv de Chauffage urbain erneiert.

MAX SCHROEDER, SCHROEDER & ASSOCIÉS: Voilà, komme mat der bei den drëtten Punkt, d'Mobilité déviation dans la phase chantier de la route de Thionville. Dozou gëtt et ze soen, well d'Dossieren aktuell nach zwëscht deene véier Bauhären ausgeschafft ginn, dass de genaue Phasage aktuell, also wierklech am Detail zwëscht deene véier Acteuren diskutéiert gëtt. Aktuell ass et awer esou, dass duerch déi grouss Infrastrukturaarbechten, déi och ënnerierdesch virgesi sinn, dass d'Route de Thionville gespaart wäert ginn, fir d'Arbechten. D'Déviatioun ass fir de Moment virgesinn iwwert de Staatsreseau ofgewéckelt ze ginn, mee wéi gesot de Phasage, deen ass grad derbäi ausgeschafft ze ginn.

FRANÇOIS RIES, SCHROEDER & ASSOCIÉS: Da géif ech eng Kéier op d'Käschten agoen an d'Verdeelung. Gutt. Hei gesitt Der nach eng Kéier déi Coupe, déi ech ganz am Ufank eng Kéier gewisen hat, wou déi Zoustännegkeetsberäicher vun deene véier Bauhären duergestallt sinn. Ech ginn elo an deem nächste Slide op d'Käschten eng Kéier an. Also, hei elo nach eng Kéier d'Zesummestellung vun deene véier Bauhären mat de jeeweilege Käschten. D'Faarwen, dat sinn déi, wann Der Iech erënnert, déi mer elo grad op der Coupe drop haten. Et gesäit een datt d'Paart vun der Stad Diddeleng, dat do si reng d'Arbechten, reng d'Bauarbeiten, mat der TVA, do si mer bei ronn 5,955 Milliounen, wat ongeféier en Taux vu 15,5 % vun deem Gesamtmarkt dee knapp 38,4 Milliounen Euro ass.

Mir hunn eis dann och elo eng Kéier, dat ass elo vläicht e bësse kleng, mee ech mengen Dir hutt d'Ënnerlage jo och kritt, déi Zuele missten Iech virleien. Do sinn déi eenzel Dossieren opgefouert, déi elo am Zoustännegkeetsberäich vun der Stad Diddeleng sinn an déi ech elo virdrun eng Kéier an all deene Sliden erkläert hunn. Et ass esou, datt mer bei deenen Zuelen. Dir gesitt eng Kéier de Montant hors TVA, derhannert gesitt Der de Montant TTC. A fir vum Montant hors TVA op de Montant TTC hu mer, no Récksprouch och mat de Verantwortleche vum Service technique vun der Gemeng, hu mer gesot, well et momentan eng relativ onsécher Situatioun ass, wou d'Präisser relativ volatil dobaussen um Marché sinn, hu mer eis drop geeenegt, datt mer eng zousätzlech Reserve vun 2,5 % op déi Montanten dropsetzen. An do dozou kommen dann nach d'Ingenieurshonoraren an d'TVA. Dat heescht, mer kommen op e Montant vu 7,417 Milliounen TTC déi am Zous-

tännegkeetsberäich vun der Stad Diddeleng sinn. Et ass awer ze bemierken, datt dobäi, bei deene 7,417 Milliounen ronn 1,4 Milliounen Euro Honoraren drop sinn. Woubäi awer 543.000.-, an dat ass déi Zuel, déi Der ganz uewen am Tablo gesitt, ganz uewe rieds, dat ass den Dossier fir den Déplacement vun der Diddelenger Baach, deen an den Zoustännegkeetsberäich vum Fonds du Logement fällt, wou de Fonds du Logement d'Baukäschten iwwerhëlt, direkt d'office, a wou d'Stad Diddeleng d'Ingenieurs- oder d'Planungskäschte virfinanzéiert an déi dann herno vum Fonds du Logement rembourséiert ginn.

Sou, dann ass et esou, den Dossier ass net nëmmen technesch an am Computer komplex, mee och insgesamt an der Realisatioun net einfach. Mer musse kucken fir véier Bauhären ënnert een Hutt ze kréien, d'Stad Diddeleng, de Fonds du Logement, d'Ponts et Chaussées an d'CFL. Mat ënnerschiddleche Contrainten, ënnerschiddleche Besoinen. Mer mussen dofir suergen, datt sämtlech Versuerungsträger während de ganzen Aarbechte voll funktionell sinn. Mer mussen den Assainissement garantéieren, datt d'Schmutzwaasser fortkënnt, datt d'Reewaasser fortkënnt. A fir dat Ganzt ze koordinéieren, ass sech drop geeenegt ginn e Masterplanning auszuschreiwen, wou dann e Büro designéiert ginn ass, oder am Kader vun enger Soumissioun sech e Büro erauskristalliséiert huet, fir dat Ganzt ze chaportéieren an déi véier Bauhären mat all hire Befindlichkeiten an deenen Detailer vum Projet ënnert een Hutt ze bréngen. Et ass esou, datt de Büro Schroeder déi Missioun krut, fir dee Masterplanning ze assuréieren an domadder alleguerten d'Fiedem vun deem Projet an enger Hand ze hunn. Et ass de grouss Virdeel, well mer sämtlech Projekten an deem dote Beräich selwer gemaach hunn an d'Fiedem u sech alleguerten an der Hand hunn, fir dee Projet do kënne propper ze organiséieren an duerchzeféieren. Ech soen Iech Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUEGERMEESCHTER: Villmools Merci fir d'Presentatioun a fir d'Erklärungen. Voilà, Dir hutt gesinn, véier Bauhären an och d'Komplexitéit, mengen ech, vun deem ganze Projet, deen awer eminent wichteg ass, eebe fir d'Stad Diddeleng an och de Projet NeiSchmelz. A wéi gesot, elo ass et dann hei un deene verschiddene Fraktiounen hir Remarken dozou ze maachen.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Merci, Här Buergermeeschter. Et ass schonn eng ganz grouss Saach dat do. Wann ee seet ëmmer d'Waasser fënnt säi Wee iergendwéi, mee hei gesäit eebe wat ee muss fir Investissementer maachen, fir dass et och wierklech esou geet. Eng Risesaach, gutt geplangt. Also ech fannen dat tiptopp. Ech hätt zwou kleng Prezisiounsfroen. Et ass elo natierlech dann domat gerechent, wann dat do gespaart gëtt, da fueren all déi, wou op Wuelmereng fueren och duerch d'Wuelmerenger Strooss. Just fir ze soen, dat gëtt awer eng zousätzlech Belaaschtung fir déi Strooss a fir déi Bewunner do. An eng aner konkret Fro, dat geet ëm de PN104A, déi Foussgängerënnerréierung, vun där am Ufank gesot gi war, et wier net sécher ob se géif bleiwen. Elo steet awer iergendwou op wou op sou engem Slide si géif adaptéiert ginn. An ech wëll drun erënneren, d'CSV hat déi deemools net matgestëmmt, well

se net PMR-gerecht war. Géif elo vläicht eng Chance bestoen, dass déi Adaptatioun, déi do ugekënnegt ass, dass déi a Richtung vun enger PMR-Gerechtheet vun deem Foussgängerënergank/ Unterföhrung gemaach géif ginn. An eng aner Fro, déi ech mer einfach esou stellen: Mer hu jo do, wa mer d'Strooss verleeën am PAP-Nord, dann hu mer jo de Crassier, wou mer esou vill Parkplaze verléieren. Ka vläicht just een eis soen, wéi vill dat der elo de Moment sinn? Déi gi jo och iergendwann eng Kéier am PAP-Nord duerch deen neie Parking ënnert der Fohrmannsplatz ersat. Mee do wäert awer eng Zäit si vun, géif ech emol soen, zwee Joer, bis dat de Fall ass, just dass d'Diddelenger Leit wësse wéi vill Plazen do verluer ginn. Merci.

SEMIRAY AHMEDOVA (DÉI GRÉNG): Merci fir d'Wuert a Merci och fir dës komplex Presentatioun. Also et ass effektiv wéi den Här Gangler scho gesot huet, et ass e ganz, ganz grouss Projet, verschidden Acteuren, komplex Aarbechten, sensibel Infrastrukturen, Koordinatioun tëschent CFL, Fonds du Logement, Gemeng, Ponts et Chaussées. An do hate mir an deem Sënn och eng Fro fir d'Koordinatioun. Wien ass den Haaptmeeschter, soen ech elo mol, vun där ganzer Koordinatioun, vum Timing vum Chantier? A falls mer awer Retarden op verschidde Plaze géife kréien, jo, wie koordinéiert dat Ganzt, fir datt dat Ganzt och iwwerschaft gëtt? Dat wier eng Fro. Dat anert, ech muss soen, ech hat mer dat Ganzt relativ gutt ugekuckt. Ech muss awer dat elo hei froen, wéi vill insgesamt Prozentsaz vun Imprevuen hu mer mat agerechent?

Well oft bei esou groussen Infrastrukturprojeten ass et awer esou, ech wëll elo net den Däiweel un d'Mauer molen, mee oft hu mer, wann et Depassementer ginn, da sinn et richteg horrend Depassementer. An an deem Sënn eeben hu mer eis Gedanke gemaach fir eventuell esou e Mechanisme de contrôle kënnen ze kréien oder opzestellen. A falls et dozou kënnt, datt mer gesinn, datt et ufänkt enk ze ginn, datt mer och regelméisseg, ech soe lo mol vläicht Aarbechtsgruppen oder informell Gemengeréit kréie fir einfach e gudden Suivi zu deem Ganzen ze kréien. D'Extensioun ass natierlech am Sënn vun der Constructioun vum neie Quartier, also Neischmelz, an eng weider Iwwerleeung wier och, hu mer genuch geplangt, also virgesinn? Ech soen elo mol, well dat Ganzt zitt sech wierklech op eng laang Dauer, an deemno wéi hu mer vläicht iergendwéini eng Kéier a 5/10 Joer de Projet nach eng Kéier iwwerduucht. An an deem Sënn musse mer sécher si mat enger Densitéit natierlech, déi no uewe soll goen, well wann een nei baut, da kann een och méi dense bauen. Jo, ass de ganze Réseau och sou iwwerluecht, datt mer kéinten eventuell souguer den neie Quartier an Zukunft méi grouss maachen, wéi dat wat lo am Moment virgesinn ass?

An eng lescht Fro, déi mer haten, dat ass dat Ganzt mam Reewaasser. Well am Moment ass et sou, wann nei gebaut gëtt, mee am Existant souzesoen, musse mer jo béides trennen, also Growaasser, Reewaasser, an herno zum Schluss fléisse se awer an engem Rouer. Mee et ass esou geduecht, datt iergend eng Kéier ausgebaut gëtt, dat sinn ech mer och bewusst. Mee hei si mer an engem ganz neie Quartier, an enger ganz neier Infrastruktur. Ass déi Iwwerleeung, sinn déi Aarbechten och esou virgesinn, datt

Reewaasser wierklech elo scho kloer getrennt gëtt? An natierlech, mir ënnerstëtzen dat Ganzt selbstverständlech, mee all déi Froen, well mir wëllen, datt d'Aarbechten esou gutt wéi méiglech reiwungslos verlafen an datt mir esou gutt wéi méiglech natierlech an eiser Enveloppe budgetaire bleiwen. Ech wollt just soen, ech si selwer net an der Mobilitéitskommissioun an et sinn nach e puer méi spezifesch Froen zu der Mobilitéit, mee wann den Här Buergermeeschter d'Wuert dem Yves Steffen kéint herno ginn, fir dat weider ze klären. Wéi gesot, ech sinn net an där Kommissioun, dofir wëll ech elo net déi Detailfroen froen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BÜRGERMEESTER: Merci, Madamm Ahmedova. Mir maachen hei den Tour. Wann den Här Steffen häro d'Wuert freet, da kritt en et. Voilà. Sou einfach ass et. Sou, weider Stellungnamen? Jo, Madamm Thoma.

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Jo, villmools merci. Villmools merci och fir d'Presentatioun. Mir kruten natierlech elo an der Presentatioun, wéi och schonn e puer Kéiere virdrun dee ganze Projet virgestallt, wat mat der Strooss geschitt, wat mat all deene verschiddenen Dossierien do virkënnt. Mee wann een da kuckt, wat mir haut eigentlech als Devis stëmmen, wou mer eigentlech e puer Leitungen an eng kleng Pompelstatioun fir 7,5 Milliounen, wouvunner mer da 500.000.- zréckfacturéiert kréien, da muss een awer eng Kéier schlécken. Also, et weess een natierlech, dass dat immens deier ass, mee 7,5 Milliounen, dat ass awer schonn net näischt. An, jo, vu dass mir jo hei awer als Gemeengrot responsabel sinn, hunn ech mer dann d'Méi gemaach ze probéieren dat e bëssen ze analyséieren an e bëssen ze kucken, a jo, et ass eng grouss Fro opkomm, an ech hu gesinn, dass mer zum Beispill ëmmer wa mer verschidde Leitungen an déi selwecht Tranchée leeën, d'Tranchée ëmmer duebel verrechnen oder esou. Ass dat opgedeelt ginn? Well et ass net pro rata opgedeelt ginn.

Wann ech zum Beispill elo den Dossier 7, de Fonçage kucken, dann hu mer de ganze Blindage, déi ganz Terrassementsaarbechte fir d'Fosse de départ an de sortie, hu mer dann eng Kéier fir d'Kanalisiatioun, also fir all Kanalisiatioun eng Kéier. Wann ech dat elo addéieren, dann ass dat, also dann ass et relativ deier, dowéinst wollt ech einfach froen, ass dat ee globale Budget, deen opgedeelt ginn ass? Ech mengen dann hu mer méi wéi genuch Reserven hei dran, well dat kënnt mer awer schonn e bëssen deier vir, oder ass dat duebel verrechent ginn? An dat ass eeben effektiv och an den Tranchéeën, Tranchées ouvertes zum Beispill am Dossier 9, wou ee gesäit, dat ass net au pro rata, mee et ass awer och net esou ganz nozevollzéien, wat mer elo hei eigentlech vun Devis stëmmen. Also fir mech als Aussestenden op alle Fall net.

An dann hat ech effektiv d'Fro, wéi gëtt dat herno ausgeschriwwen? Ech gi jo dovun aus, dass net all eenzel Dossier eenzel ausgeschriwwen gëtt, well soss hu mer herno 20 verschidden Entreprises. Ass dat esou, dass déi Dossierien, déi elo hei zesummegeluecht ginn, dass déi als Lous ausgeschriwwen ginn? Well dann hätt mech nach interesséiert, firwat mer am Dossier 9 zwou Tranchées ouvertes hunn, ënnert de Schinnen, an am Dossier 7, wat jo dann awer

am selwechten Dossier eigentlech ass, hu mer e Fonçage, wou ech mer geduecht hunn, wann een déi Aarbechte kéint zesummeleeën, da kéint ee jo, dann hätt ee jo kéinten dräi Tranchées ouvertes zum Beispill maachen, wann d'Zuchschinne souwisou eng Kéier gespaart sinn. Also ech weess, dass mer net dräimol kënnen e Fonçage maachen, mee vläicht hätte mer awer dräimol eng Tranchée ouverte kënnen maachen, wat vläicht e bësse manner deier gi wier. Voilà, ech mengen dat waren am Fong scho meng Froen. Also hei hu mer och nees, ech hat schonn d'Madamm Dall'Agnol gekuckt, 2,5 % do hunn ech geduecht, okay, dat ass nees net esou vill Reserv. Mee ech hunn awer d'Gefill, dass mer awer an de Präisser hei relativ vill Reserven hunn, soudass dat dann, mengen ech, hei manner wäert e Problem sinn. Merci.

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Jo, da soen ech Merci fir d'Wuert. Et waren effektiv, et waren u sech keng Froen. Et war just eng kleng Stellungnam eeben zu deem ganze Mobilitéitsvolet, well effektiv déi meescht Froen an der Verkéierskommissioun och beäntwert gi sinn, de Mëttwoch. Duerfir och Merci nach eng Kéier fir d'Presentatioun och hei. Haaptsächlech och einfach fir de Verbatim, ech weess ganz genau, et geet hei elo ëm den Déifbau, et geet net ëm d'Mobilitéit an dësem Punkt. An awer ass et eis, schéngt et eis wichteg, dat war och dat wou mer an der Mobilitéitskommissioun mengen ech all eens waren, zu all Zäitpunkt eng Kéier drop hinzeweisen, dass et wichteg ass op där laanger Riichter derfir ze suergen, dass do Tempo 50 och kann agehale ginn. A mir wëssen do steet ee Rendez-vous bei der Madamm Ministesch och bevir. An och do hutt Der vun eis d'Ënnerstëtzung lech dofir staark ze maachen, dass dat baulech iergendwéi esou higeriicht gëtt, dass dat klappt.

Positiv ze erwänen, och dat hu mer just am informelle Gemengerot gemaach, dat hu mer och net ëffentlech bis elo gemaach, begrësse mer och dee separate Vëloswee, dee matgeduecht ginn ass an och deen Trottoir, deen do matgeduecht ginn ass, deen eis immens wichteg schéngt als en Deelstéck vun engem ganze Vëlosreseau. Froen, déi nach oppe waren, déi och nach duerno oppe waren, dat läit dann domat zesummen, dass et hei wierklech just ëm d'Diddenewenerstrooss geet an dann och just d'Gemege punktuell ëm den Déifbau, mee dat wat eis eeben opgefall ass an der Mobilitéitskommissioun war, dass dee ganze Kräizungsberäich, Rue de l'Etang, Karl Marx mam Passage à niveau, dass do nach verschidde Fragezeiche sinn, wat warscheinlech dann och, wou mer dann och gespaant drop sinn, wat d'Ministesch zu deem dote Beräich dann einfach seet. Well dat awer eng Schlësselpolz ass vun deem ganze Projet. An dann ass et iergendwéi schued, dass dat verschidden eenzel Projekte sinn, zu deene mer eis da positionéieren, ouni dass dat onbedéngt dat grousst Ganzt ass.

Ech mengen dat ass och e Punkt, wou d'CSV bei deene Passagen ugeschwat huet fir iwwert d'Eisebunn ze kommen. Hei sinn der elo zwee dran. An deenen nächste Projekte sinn der dann erëm méi dran. Do ass et eis dann och wichteg, einfach bei all Geleeënheet drop hinzeweisen, dass dru geduecht gëtt, dass ee mat Poussetten an och, dass et PMR-gerecht Iwwergäng da sinn. Da fir den Ofschloss, ech men-

gen do hate mer Froen zu der Diddelenger Baach gestallt. Do si mer dann einfach gespaant, wann déi schrëftlech beäntwert ginn. Well ech mengen hei geet et jo och ëm d'Diddelenger Baach an dofir versti mer, dass dat elo natierlech schrëftlech dann nogeholl gëtt. Et ass ebe schued, dass mer elo net heizou da méi konnte gewuer ginn. Ech soen op jidde Fall Merci fir d'Erklärungen, Merci fir déi interessant Mobilitéitskommissioun an da ginn ech d'Wuert och scho rëm of, ouni eng Fro gestallt ze hunn.

ROBY GOERGEN (LSAP): Jo, ech soen och villmools Merci fir dës Presentatioun vun deem dach komplexen Dossier. Jo, et si komplex Projeten, wou vill Acteuren, wéi hei schonn ugekënnegt ginn ass, implizéiert sinn. An dofir fanne mer et och wichteg eeben esou e Masterplang ze maache fir eeben d'Koordinatioun vun esou engem Projet mat deene ville Problemer, déi entstoe kënnen gutt ze koordinéieren. D'Strooss gëtt jo engersäits nei verluecht, respektiv nei amenagéiert, och do begrësse mer dass do der Mobilité douce Rechnung gedroe gëtt fir eeben d'Upassung vun deem neie Quartier am grouse Ganzen un Diddeleng erun. D'Route de Thionville ass u sech d'Haaptachs fir de Quartier Neischmelz, fir ee vun deene gréisste Wunn- a Mobilitéitsprojeten an eiser Geschicht. Bon, och dat aktuell Waasser- a Gasnetz wäert och net méi den Ufuerderunge vun esou engem Projet wéi Neischmelz gerecht ginn, dat si mer eis och all bewosst. Dat selwecht zielt natierlech dann och fir d'Ofwaasser- an d'Kanalisationssystem, wat dem neie Quartier Neischmelz muss gerecht ginn, gläichzäitig awer och profitéiert gëtt, fir hei Ongläichheete kënnen ze behiewen, wéi virdrun ugeschwat ginn ass, dass mer an der Wuelmerenger Strooss nach Fosses septiques hunn, déi mer dann ebe kënnen un dat aktuell System ubannen. Dofir wäerte mir selbstverständlech als LSAP dësen Devis och matdroen. Ech soen lech Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Villmools merci, Här Goergen. Nach weider Stellungnamen? Dat ass net de Fall. An da ginn ech d'Wuert zrëck un eis Servicer respektiv u Schroeder & Associés.

LAURENT PELT, INGÉNIEUR DE LA VILLE: Gutt, e gudde Moien. Da probéiere mer esou gutt wéi méiglech op all d'Foren ze beäntweren. Ech géif proposéieren, dass mer se der Rei no duerchginn an der Hoffnung, dass mer keng vergiessen. Déi éischt Fro war mat der Deviatoun. Et ass esou, dass mer selbstverständlech probéiere groussraimeg, zesumme mat Ponts et Chaussées, groussraimeg Deviatounen opzestelle fir op den Haaptreseau zrëckzegräifen, spréich Autobunn a fir net de Verkéier duerch Diddeleng ze leeden. Just deen, dee sech auskennt, fiert schlussendlech dann awer déi Weeër, déi e kennt. Et ass awer och leider esou, et si konsequent Aarbechten op der Route de Thionville, wou et net ausbleift, dass déi fir d'Aarbechten zu engem groussen Deel muss zou sinn. Mir sinn amgaangen de Phasage détaillé mat all de Maître d'ouvrages ze maachen an och mat all de Co-Projeten, wou da gekuckt muss ginn, fir den Impakt op déi aner sou kleng wéi méiglech ze maachen, dass een d'Route de Thionville awer eventuell nach kann opmaachen zu verschiddene Phasen. Awer deen Detail, deen ass Stand haut nach net am leschten Dénge gekläert.

Da war nach d'Fro komm zu den Ost-West-Verbindungen zu de Gleiser. Et ass esou, mir hu jo déi besteeënd Unterführung um Tattebiërg eigentlech ënnert der Gleiser erduerch, déi ugepasst gëtt, well d'Route de Thionville sech Richtung Gleiser widderpecht, déi kann net PMR-konform gesat ginn, oder also just mat Träpen. Dir hutt awer beim PN104A e Projet, deem hors Projet Route de Thionville ass, wou d'CFL am Kader vun der Suppressioun vun der Barrière nodréiglech e Souterrain wäert hierstellen. An deem ass komplett PMR-konform an och, dat heescht, mat Lifter, mat Rampen, och fir de Vëlo, fir d'Cyclisten dann. Dat heescht do, do hätte mer dat dann ofgedeckt. An déi aner Passerellen, déi och hors Projet sinn, déi méi Richtung Süde sinn, déi wäerten och PMR-konform.

Dann ass nach gefrot ginn nom Crassier. De Parking Crassier huet aktuell zirka 120 Parkplazen, déi dann am globale Stationnementskonzept mat NeiSchmelz integréiert ginn. Da war awer d'Fro komm iwwert d'Koordinatioun. Mir hu jo gesot gehat, mir hunn e Masterplanning fir d'Koordinatioun, net nëmme vun der Route de Thionville, mee et sinn eng ganz Partie Projeten, déi do rubauen. Ech hunn elo grad gesot gehat Suppressioun vum PN104. Mir hunn déi verschidde Garen, déi mat dru sinn. Mir hunn d'PAPE vum Fonds du Logement. An do ass ganz vill wat iergendwéi anenee fléisst. Dee gëtt séchergestallt vun natierlech all Maître d'ouvrage op senger Säit. Mir fir d'Mobilitéit, dass mer esou gutt wéi méiglech erauskommen. An dann eeben dofir ass de Mandat vun deene véier Maître d'ouvrages u Schrëder gaangen, fir dat iwwereneen ze leeën an dass dat esou gutt wéi méiglech geet.

Vun de Käschtchen, de Suivi financier, Imprevue sinn dran. Et ass awer esou ëmmer d'Iddi, dass de Projet esou detailléiert wéi méiglech ausgeschafft gëtt, fir Prevuen ze maachen. Dat heescht, de Suivi financier maache mer elo esou, dass mer hunn, mer hunn elo de Vott, ab deem Moment, wou een d'Soumissioun opmécht, gesäit ee schonn déi éischte Kéier, wou ee sech situéiert, an dann en cours de route mat de Métréen oder mat de Saachen, déi um Chantier sinn, gëtt de Suivi gemaach, zum enge vum Planning an awer och Financier, fir da kënnen anzeschätzen, wou si mer drun. Reewaasser, François, do géif ech dech vläicht froen, dass déi eng Kéier drop äntwers.

FRANÇOIS RIES, SCHROEDER & ASSOCIÉS: Jo, et ass selbstverständlech esou, datt déi nei PAPen am Trennsystem entwässert ginn. Dat heescht, si kréien e separate Reen- an e separate Schmotzwaasserkanal. Déi zwee Kanäl ginn och net nach eng Kéier matenee vermëscht, déi lafen net nach eng Kéier aneneen. Dat heescht, alles wat Schmotzwaasser ass an deene véier PAPE bleift Schmotzwaasser a geet an déi zentral Pompelstatioun. Ab där zentraler Pompelstatioun geet eng Drockleitung fort, déi en Duerchmieser vun 350 mm huet, Bannenduerchmieser, dat ass e ganz, ganz groussen Duerchmieser fir eng Drockleitung. Dee geet dann eng Kéier queesch duerch Diddeleng bis hannert de Baseng an der Rue du Nord, dat heescht, et geet och net nach eng Kéier an de Baseng eran, an et gëtt dann herno eréischt hannert dem Baseng vun der Rue du Nord gëtt et mam Schmotzwaasserofgang aus dem Baseng Rue du Nord zesummegefouert a geet dann

als rengt Schmotzwaasser iwwert d'Hauptkollektoren bis op d'Kläranlag vu Beetebuerg. Alles wat Reewaasser ass, dat bleift och Reewaasser, dat gëtt och net an de Mëschwaasserreseau nach eng Kéier ugeschloss, dat geet op direktem Wee, respektiv wat an de PAPen ass, geet iwwer Retentiounen, wat am Stroosseberäich ass, wat Reewaasser ass, geet op direktem Wee dann an d'Baach.

LAURENT PELT, INGÉNIEUR DE LA VILLE: Okay. Dann zu der Fro vun der Zesummesetzung vun de Käschtchen, wou d'Suerg ass, dass se duebel deelweis drsinn. Dat ass net de Fall. Et ass schonn esou, dass op Basis vun der Coupe-type d'Käschtchen ermëttelt gi sinn, d'Massen ermëttelt gi sinn, awer pro Kapitel nëmme déi Breet, déi och gebraucht gëtt, zum Beispill fir d'Waasserleitung oder fir d'Gasleitung oder esou, oder Reewaasserkanal a Schmotzwaasserkanal. Firwat ass dat? Ma zum enge bei der Entwässerung, dass de se op verschidde Konte kanns buchen a Subside kanns ufroen, bei der AGE, dass dat kloer vunenee getrennt ass. An d'nämmlecht ass et herno bei Reewaasser a Gas, well mer beim Gas zum Beispill eng Comptabilité commerciale féieren, dass mer direkt déi Käschtchen identifiziéiert hunn, déi op de Gas zrëckzeféiere sinn. An et ass elo net esou, dass et en double Emploi oder eng Iwwerschneidung ass. Och änlech ass et, Dir gesitt déi verschidden Dossiere Greisendall, fir dass mer do herno kënnen d'Käschtchen deene jeeweilegen zouuerdnen. Do si jo eigentlech dräi Ënnerdossieren wou mir elo Aarbechte maachen, déi mir zum Deel herno op Volmerange mussen ofwälzen oder de PAP Greisendall mussen ofwälzen. Dofir sinn déi separat. Awer et ass elo net, dass d'Massen double Emploi sinn. Et sinn natierlech Massereserven dran, wou ee sech Prozenter setzt. Awer et ass net dass eng Tranchée duebel a ganz vill Kapiteln erëm erauskënn.

Da war d'Fro komm zu den Dossiere 7 an 9, firwat op där enger Säit Tranchée ouverte an op där anerer Säit e Fonçage, e Mikrotunnel ass. Dat ass einfach an Ofsprooch mat CFL a mat de Barragen, mat den Aarbechten, déi ustinn. De Mikrotunnel, deem ass virgesi bei der Gare, bei der Diddelenger Gare-Usines. Well d'CFL do nodréiglech eng Kéier nach Aarbechte mécht der Gare, war do d'Ofsprooch, dass mer éischter op de Mikrotunnelier géifen zrëcksprangen. Wann awer elo de Planning vun der CFL sech esou mécht, dass déi Aarbechte parallel sinn, da profitéiere mer dovunner, fir och do Tranchée ouverte ze maachen, awer elo an Ofsprooch op de Mikrotunnelier zrëckgegraff, an op där anerer Säit op hir Barragen, eis ofgestëmmt fir Tranchée ouverte ze maache fir Gas a Waasser an déi aner Säit de Kanal, de Reseau. Vitess, jo, dat ass eis bewusst, dass dat e sprangende Punkt ass. Dat ass eng laang Streck. Et ass awer esou, dass d'Ortseingangsschëld méi nördlech bei d'Rue Karl Marx kënnt, wou et wichteg ass, dass een do Moosnamen ergräift fir dat erauszekréien. Dat ass och eppes, wou mer scho bei der Ponts et Chaussées-Ministesch virstelleg gi sinn, wou e wichtigen Aspekt ass. Et ass awer och esou, dass déi Strooss herno, et ass jo net ewéi elo, wou s de jo op där enger Säit d'CFL hues an op där anerer Säit eng fräi Friche, mee do ass jo eng Bebauung derlaanscht, dann huet dat och en anere Charakter.

Iwwert de Kräizungsberäich Karl Marx dann, och do ass et esou, mir schléissen eis elo un eng Situatioun un, un e Bestand souzesoen. an do komme jo dann déi X Projeten hannerdrun, wou dann ëmmer erëm d'Situatioun ännert. Och dat, mir mussen elo a Phasagen ëmsetzen an da gesäit déi Situatioun an der Endversioun aneschtens aus natierlech wéi elo, an natierlech och wéi mer d'Route de Thionville an Zukunft uschléissen, an deem ass och Rechnung gedroen. An dofir ass och dee Masterplang, fir eeben dat kënnen openeen ofzestëmmen, dass dat eent nom anere kënnt, sief et vun de Projeten CFL, mam Fong, mat eis, mat de Bâtiments publics, mat de Ponts et Chaussées all op Barragé getimt, dass dat alles iwwerenee geet. Vun der PMR-Konformitéit, vläicht e klenkt Wuert. All déi nei Ober- und Unterführungen, déi sinn PMR-konform, just bis op déi dann déi besteeënd Tattebiert, déi ugepasst gëtt, wou mer net konform kréien. An dat si jo Projeten, déi iwwergeuerdent an deem Projet Verstärkung vun der CFL-Streck a Permeabilitéit Ost-West fir an Diddeleng sinn. Dat heescht, dat si Projeten, déi zwar en lien sinn zum Deel mat der Route de Thionville awer och hors cadre Route de Thionville sinn.

Vläicht e klenkt Wuert zu der Diddelenger Baach. Also och do probéiere mir hei am Kader vun der Route de Thionville an awer och mat de Projekte vum PAP, et gëtt jo d'Trennsystem installéiert an doriwwer eraus, Aussenentwässerungsgebiddere iwwert de PAP lasszekoppelen. Dir wësst, dass mer eng Staarkreenetüd och gemaach hunn, wou mer jo och profitéiere Reewaasser ze fänken an an d'Trennsystem an d'Diddelenger Baach ofzefügen, ofzewälzen, fir esou de Mëschsystem ze entlaaschten an esou och d'Wierkung vun de Réckhaltebecken ze verstärken an d'Capacitéit vun der Kläranlag och ze verbesseren eigentlech.

Ausschreiwung. Jo, d'Ausschreiwung ass eigentlech déi 20 Dossieren an engem Block, wou dann natierlech all Maître d'ouvrage säi Lous huet. Stand elo ass den Timing, dass all déi 4 Maître d'ouvrage mussen deen Dossier fäerdeg maachen. Eise Part geschitt elo domadder, dass mer den Dossier haut stëmmen an offiziell dann un d'staatlech Verwaltung weiderginn. Dat maachen déi aner Acteuren och. A wann dat alles zesummen ass Stand elo de Planning, dass dann 2028 kann ausgeschriwwen ginn, an dann, jo, pardon, 2027 kann ausgeschriwwen ginn, fir dann Enn 2027/2028, e genauen Datum gëtt et, fir kënnen unzefänken. Jo, genau, ënnert dem Lead vu Ponts et Chaussées, wuel dass si zwar dee méi kleng Part hunn, mee si hunn awer d'Iwwerhand iwwert den Ensemble. Ech hoffen, mir hunn domat op alles geäntwert.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – 4. SCHÄFFIN): Jo, ech wëll just op e puer Saachen agoen, déi d'Mobilitéit uginne. Den Här Pelt ass op e puer Saachen agaangen. Ech wëll awer do nach e puer Prezisiounen ginn. Ech mengen den Här Gangler huet gefrot d'Deviatoun iwwert d'Route de Volmerange. Bon, ech mengen, Där kennt Diddeleng, Där kennt et gutt. Ganz vill Choix hu mer net, wou mer d'Deviatounen kënnen himaachen. Ech hunn am Ufank schonn direkt gesot, an ech hunn dat och an der Verkéierskommissioun gesot, ech hu momentan keng Glaskugel an ech weess net wéi dee Phasage ausgesäit. Dat heescht, ech kann lech och net soen, ob vum éischte bis de leschten Dag elo déi Route

de Thionville permanent wäert gespaart sinn. Dat weess ech elo net. Dat heescht, et kann natierlech och esou sinn, datt net permanent muss eng groussflächeg Deviatoun gemaach ginn. Dat wësse mer awer eréischt, wa mer bis all d'Donnéen hunn a wa mer kënnen dorobber e Verkéiersreglement setzen.

D'Parkplazen, déi 120, dat huet den Här Pelt lech scho gesot, do wëll ech awer och soen, dat ass ëmmer matgedeelt gi vun Ufank un, datt et dee Crassier gouf, datt dat eng provisoiresch Mesure wär. A mir kënnen eigentlech frou sinn, datt mer sou laang déi provisoiresch Mesure do haten. Dat war eng Chance fir Diddeleng. Ech muss awer och soen, datt de Fohrmann an och eisen ënnerierdesche Parking, deen huet ausser wa Kiermes oder Braderie ass, huet deen awer nach Sputt, soudatt mer eeben d'Leit och vläicht mussen ëmwinne. An da wann d'Strooss bis verréckelt ass, wou mer, wéi gesot, nach kee richtegen Datum hunn, wéini dat wäert de Fall sinn, da kann een och nach eng Kéier kucken, ob et méiglech ass op där aler Strooss, nennen ech se elo mol, ob mer do net vläicht kënnen e provisoiresche Parking ariichten. Mee dat, wéi gesot, ech hu keng Glaskugel, ech kann dat alles net verspriechen. Mee dat sinn natierlech alles Saachen, déi mir als Schäfferot, wéi eis Servicer an och alleguerten déi involvéiert Leit wäerten am A behalen.

A wann all déi Saachen do méiglech sinn, da wäerte mir et natierlech esou angeneem fir jiddereen, fir d'Awunner an och fir d'Leit, déi d'Strooss musse benotzen, maachen. Den Här Steffen, deen ass eng Kéier drop agaangen op d'Mobilitéit an op d'Verkéiersberouegung. Bon, mir haten an der Verkéierskommissioun hu mer ganz dacks déi Diskussiounen. An et ass e bësse souwéi an enger Endlosschleef. Do kënnt dann ëmmer d'Theema rëm. Här Meyer, Dir laacht och schonn. Do kënnt ëmmer d'Theema rëm, ech hätt gär e Radar dohinner. Am beschten an all Strooss, wou iergendee vun de Membere wunnt. An ech hätt och nach gären, wat war dat zweet? Intelligent Luuchten dohinner, jo den Här Steffen wollt keng. Rout Luuchten, intelligent Luuchten dohinner, déi op Rout sprange wéi s de hei vir zu Wuelpereng hues, wann s de ze schnell bass.

Alles dat kréie mir awer net autoriséiert. A wann Der gesinn hutt, datt den Här Ries gesot huet 15,54 % wäer mir an deem Devis do, an do ass och kee Wuert gefall vun der Zoustännegkeet vun der Strooss, da wësst Der wéi grouss eisen Afloss do ass. Mir ginn dat natierlech ëmmer alles weider an et sinn och aner Gemengen, et gëtt net nëmmen Diddeleng an deem Land hei, och déi wëlle gäre Radaren an intelligent Luuchten, an dat Eenzezt wat ech lech ka verspriechen, wann ech dann eng Kéier bis Transportministesch sinn, da wäert ech dofir suergen, datt Diddeleng an déi aner Gemengen dat da kréien. Mee Geck an den Eck. Wéi gesot, mir ginn dat doten alles mat, mee mir sinn net déi, wou hei decidéieren. Voilà.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUEGERMEESCHTER: Villmools merci, Claudia. Ech wollt nach vläicht op zwee Punkten agoen. Bon, ech mengen, Dir hutt jo elo héiere wat den Timing ass, an do kann ee ganz gären déi eng oder déi aner Aarbechtssitzung hei am Gemengerot maache fir

effektiv iwwert de weidere Suivi respektiv Verlaf vum Projet ze informéieren, vu dass en eng gewëssen Envergure huet. Ech mengen, dass een dat sécherlech maache kann. Dat ass jo da just eng Saach vun Organisatioun. Dann awer vläicht e bësse méi eng Prinzipiesach, wat d'Madamm Ahmedova gesot huet, ob en een net nach méi dense soll bauen? Bon, ech mengen et ass jo eng Rei Densifikatioun, déi stattfonnt huet. Dir gesitt jo de ganzen Enjeu tëscht der urbanistescher Planung vun deem dote Quartier am Phasage déi nächst zéng bis fofzéng Joer. Respektiv och de ganze Volet vun der Mobilitéit, well Urbanismus a Mobilitéit enk matenee verbonne sinn, mir hu jo och effektiv scho matkritt wat d'Stellungnam och vun deene Gréngen ass par rapport zum Projet NeiSchmelz an och zum Volet Mobilitéit. Mee ech wëll lech awer och nach soen, dat heescht, et ass jo éischter, dass mer dat effektiv packen an net doranner erstécken. An ech wëll lech awer och soen, déi 1575 Wunnunitéiten, déi sollen dohinner kommen. Dir wësst jo awer, dass dat an engem Gesetzestext verankert ass. An dass een net effektiv dat vun haut op muer ännert.

A wann do eng Volontéit ass, an déi spieren ech de Moment net, well mengen ech hei noverdicht gouf, iwwert déi lescht Joren, da muss eng nächst Regierung an och eng nächst Chamber och dat stëmmen. Dat wat mer de Moment amgaange sinn ze maachen, dat wësst Der och, dat weess mengen ech och de Gemengerot, well dat jo och e Bestanddeel ass vun nächsten Diskussiounen, déi mer hei am Gemengerot hunn, notamment am Kader vun de Modifikatiounen vum PAG respektiv vun de véier PAPen, dass mer jo amgaange sinn, de Moment déi esou auszeschaffen, wou mer der Verdichtung vun deenen 1575 Wunnunitéiten amgaange sinn, Rechnung ze droen. An ech mengen, dass et dat Objektiv ass, dass mer am Moment mussen ëmsetzen. A wéi gesot, eng Glaskugel ob dat dote weider verdicht gëtt, sou wéi d'Madamm Dall'Agnol hunn ech se och net. An do muss natierlech och eng politesch Volontéit do sinn, national. An do soen ech awer och lokal, fir deem och Rechnung ze droe mat alle Repercussiounen an Impakter, déi dat op de Projet huet an awer och op d'Stad Diddeleng. Dëst gesot, géif ech proposéieren, dass mer dann elo zum Vott géifen iwwergoen.

SEMIRAY AHMEDOVA (DÉI GRÉNG): Jo, pardon, et muss ee sech awer trotzdeem ëmmer erkläre kënnen, wann den Numm genannt gëtt. Also ech hunn och dovunner geschwat, dass an zwee Joer eng aner Regierung vläicht kënnt. An et weess een ni, a wéi eng Richtung et geet. Dir hutt keng Glaskugel, ech hunn och keng. An et ass awer en vue vun enger Antizipatioun, falls awer iergendwéini eng Kéier eng Volontéit, ech mengen d'NeiSchmelz ass eppes, wat mer wäerten nach déi nächst 30 Joer dovunner schwätzen. An et ass an enger Suerg, dass mer elo scho Saache virgesinn an net vläicht an e puer Joer erëm musse ëmplangen, ëmschaffen an nei Infrastrukture musse bauen. Dat war déi Iwwerleeung. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Merci och. An eis Suerg ass et am Bestand ze kucken, dass mer et packen, dat ass eis Prioritéit de Moment. Ceci dit, géif ech proposéieren, dass mer zum Vott iwwerginn. Wien ass hei mam Devis averstanen? **Dat ass unanime.** Da soen

ech lech villmools Merci an och lech Merci fir Är Presenz. An och d'Presentatioun.

MOPO PAG A PAP QE

4. Approbatioun MOPO PAG a PAP QE (Dossier 7)

5. Approbatioun MOPO PAG a PAP QE (Dossier 8)

6. Approbatioun MOPO PAP QE (Dossier 9)

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Ech géif proposéieren, dass mer mam nächste Punkt weiterfueren. Wéi gesot, dofir begrëssen ech nieft der Madamm Gottschalk och den Här Hubert vum Büro Zeyen + Baumann. Wéi gesot, de Punkt 4, 5 a 6. Dat si jo Dossiere ronderëm d'Modifikatioun vum PAG respektiv vum PAP Quartier Existant. Ech mengen Dir wësst, dass mer d'lescht Joer e Gemengerot haten, wou mer och d'Saisine gemaach hunn. Dat war, wéi gesot, den 18. Juli 2025. Mir haten och d'lescht Woch eng Kommissioun vum PAL, wou och hei schonn eng Presentatioun gemaach gouf, méi am Detail. Et ass, wéi gesot, och d'Enquête publique, déi gelaf ass, wéi mer d'lescht Joer hei d'Saisine gemaach hunn.

Mir hunn an Tëschenzäit och d'Avis virleie vun der Commission d'Aménagement, vun der Cellule d'Evaluation an och vum Ministère vun der Santé. Mir hunn och effektiv d'Decisiounen, respektiv Avis virleie vun der Ëmweltverwaltung respektiv Ëmweltministère. Sou mengen ech, dass déi Dossiere prett sinn, fir hei effektiv den definitive Vott ze kréie vum Gemengerot. An dofir géif ech dann och dem Här Hubert d'Wuert ginn, fir d'Presentatioun ze maachen. An ech géif proposéieren, dass mer d'Punkte 4, 5 a 6 zesumme presentéieren an engem Coup. Quitt dass et natierlech all Kéiers aner Diskussiounen sinn. Mee dann hu mer n globo eng Presentatioun. Voilà. Här Hubert, à vous la parole.

BORIS HUBERT, ZEYEN + BAUMANN: Moien. Donc, cette présentation va concerner les dossiers 7, 8 et 9, respectivement la modification du PAG et des PAP Quartier Existant. Tout d'abord, le Site Parc Émile Mayrisch. Il est prévu de reclasser une zone de parc public, le Parc Émile Mayrisch, en une zone d'habitation 2 à dominante de maisons pluri-familiales, en une zone BEP, de bâtiments d'équipements publics, une zone de sport et de loisirs aire de jeux nommé REC-AJ, ainsi qu'une zone de jardins familiaux, zone JAR, et en espace rue et stationnement. Ceci plus en rapport avec la situation réelle ainsi que le caractère récréatif de cet espace public. Également, une partie de l'espace rue stationnement est reclassé en zone HAB2 sur une frange est. Les biotopes protégés ont été révisés notamment. Et une servitude d'urbanisation éléments naturels a été appliquée. La délimitation de la zone verte a été modifiée. Par analogie, les plans de délimitation des quartiers existants ont été adaptés pour le PAP Quartier Existant HAB2, BEP, REC et Zone JAR. La délimitation de la zone verte est également adaptée.

Concernant le Site Rue Tattenberg, le projet vise à reclasser la zone de parc public en zone de sport et de loisirs, aire de jeux, dénommé REC AJ, en une zone de jardin privé, effectivement au nord et une zone centrale correspondant au parking écologique. A noter qu'une zone d'espace urbanisation élément naturel s'applique sur le biotope au sud. Par analogie du site rue Tattenberg, des PAP Quartier Existant, les limites du PAP QE, REC AJ et JAR ont été adaptées, ainsi que la délimitation de la zone verte.



Concernant le site Ribeschpont Griecht, il est de l'ordre du microparcellaire ou de la micromodification autour de la coulée verte identifiée en bleu. Donc il s'agit de redresser les limites de la zone HAB1, de la zone HAB2 et de la zone PARC, donc de fait de la délimitation de la zone verte, des limites du PAP Nouveau Quartier ainsi que de la servitude d'urbanisation coulée verte. Les articles 17 et 21 ont également été adaptés dans leur géométrie. Concernant l'avis de la Commission d'aménagement, elle avise favorablement la modification pour les trois sites. Elle estime que pour le site Tattenberg, le classement en zone BEP du parking est à préférer à l'espace rue stationnement. L'avis de la cellule d'évaluation constate la conformité du projet et abonde dans le sens de la commission d'aménagement. Le Ministère de la Santé n'a pas d'objection sur le dossier. Le Ministère de l'Environnement avise favorablement le dossier et les projets, et l'enquête publique, dans le cas de l'enquête publique menée à l'été 2025, il n'y a pas eu d'objections ni de réclamations. Suite à l'avis de la commission d'aménagement sur le site Tattenberg, la partie centrale, donc qui était prévue en rues et stationnement, est reclassée en zone BEP EP, qui est une zone de bâtiments et d'équipements publics pour les espaces publics.

Concernant le dossier numéro 8, le Site Deich, de part et d'autre de la zone BEP, il est prévu un reclassement de l'HAB1 et de la REC AJ en zone BEP. Et également une réduction du secteur protégé environnement construit, c'est à la seule parcelle dévouée à l'école Deich. Par analogie, les PAP-QE HAB1, BEP et REC AJ sont également modifiés. Concernant le Site In Boujel il est prévu pour la réalisation d'un projet communal de logement type Tiny House un reclassement de la zone REC AJ, donc aire de jeux, aire, enfin aire de sport et de loisirs, aire de jeux en zone HAB1. Suite aux réclamations, il est proposé de ne pas poursuivre ce projet de modification du PAG. On va y venir. Par analogie, le PAP-QE REC AJ est de fait le PAP-QE HAB1 proposé en limites à modifier, ne seront pas poursuivis. Concernant les réclamations lors de l'enquête publique menée du 23 juillet au 22 août 2025, le projet de modification du Site In Boujel a fait l'objet d'une réclamation contre le PAG et contre le PAP Quartier Existant.

Compte tenu des réclamations à savoir, les réclamations comprennent plusieurs motifs de contestation reprises ci-après : période jugée inappropriée et durée expéditive du calendrier d'informations et de l'enquête publique, opposition au projet en raison de la densification jugée suffisamment élevée avec pression constante sur les infrastructures, opposition en raison de la détérioration de l'équilibre environnemental du quartier consécutif au projet, opposition au projet en raison de la suppression du seul espace

public et naturel restant dans le quartier, projet estimé en contradiction avec les engagements de la Ville en matière de développement durable et opposition au projet en raison du rôle de régulation climatique de cet espace vert. Les réclamants ont été auditionnés le 11 mars 2026.

En lecture un extrait, l'extrait du projet de délibération du conseil communal : En tenant compte des deux réclamations introduites de la manière suivante, en ne pas modifiant la partie graphique du PAG au niveau du Site In Boujel, afin que la surface libre prévue dans l'ancien PAP datant de 1986 reclassée entre-temps en PAP Quartier Existant soit maintenue en zone REC et préserve donc pour le quartier un espace récréatif non scellé de qualité. Ici, quelques photographies comme éléments de contexte, d'un contexte assez proche, d'été 2025 et d'été 2024 en partie supérieure. L'évolution du site en partie inférieure montre la composition du site en tant que terrain de pétanque en 2010 et une évolution à partir de 2010 à maintenant en tant qu'espace vert de qualité paysager.

Pour le site rue Nic Bodry, il est prévu le reclassement en zone HAB1 d'une aire de jeux qui se trouve à côté du site scolaire Ribeschpont, donc proposition de reclassement en zone de bâtiments et d'équipements publics. Par analogie, les PAP-QE HAB1 et BEP, les délimitations seraient modifiées. Concernant le site rue des Minières, on est de l'ordre du micro-parcellaire, donc avec le reclassement d'une petite partie de zone HAB1 en zone BEP, et d'une petite partie de zone HAB1 en espaces rues et stationnement. Le secteur de protéger environnement construit est lui adapté, et ce pour permettre une conformité plus adaptée à la situation existante. Par analogie, les PAP Quartier Existant sont également adaptés. Concernant l'avis de la Commission d'aménagement, elle avise favorablement la modification de la partie graphique pour les quatre sites et estime que pour le site Deich, l'intégralité du secteur réellement protégé de type environnement construit est à supprimer. L'avis de la cellule d'évaluation constate la conformité et abonde dans le sens de la commission d'aménagement concernant le site Deich. Le ministère de la Santé n'a pas d'objection. Le ministère de l'Environnement avise le dossier favorablement.

Au niveau de l'enquête publique, le projet de modification du site a fait l'objet donc d'une réclamation contre le PAG et d'une réclamation contre les PAP Quartier Existant. Les réclamants ont donc été auditionnés en mars 2026. Suite à l'avis de la commission d'aménagement sur le site Deich, la partie correspondant au bâtiment de l'école a été, enfin le classement en environnement construit sur l'école a été

supprimé que ce soit dans le PAG ou dans le PAP Quartier Existant.

Concernant le dossier numéro 9, il concerne le PAP Quartier Existant, la partie écrite des PAP Quartier Existant, relatif aux articles 1, 2, 3, 20 et 22. Donc il est prévu pour les articles correspondant à la zone d'habitation 1, à la zone d'habitation 2 et à la zone mixte urbaine, d'autoriser une pergola de maximum 3,5 m de profondeur, au-delà de la limite constructible pour les constructions principales. Donc on va le retrouver effectivement en zone HAB1, HAB2 et zones mixtes urbaines. Concernant la modification de l'article 20, cela concerne les prescriptions dimensionnelles et il prévoit un assouplissement des possibilités de création de portes de garage sur une façade ou sur la construction. Que ce soit respectivement pour les habitations collectives ou les maisons unifamiliales. Concernant la forme des toitures, un assouplissement également au niveau de la pente minimale de toiture qui est de l'ordre de 30 degrés plutôt que de 35 degrés. Et enfin, concernant le glossaire et la définition de la surface construite brute, il est précisé le mode de calcul de la surface de l'SCB au niveau des définitions en fin de partie écrite. Le Ministère des Affaires d'Intérieures constate la conformité du projet de partie écrite du PAP Quartier Existant avec la loi et au niveau de l'enquête publique aucune réclamation n'a été faite.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUEGERMEESCHTER:

Da soen ech dem Här Hubert Merci fir d'Presentatioun an d'Erklärungen. Ech mengen et muss ee jo prinzipiell soen, dass mer hei an de Propositionen, déi mer hei dem Gemengerot gemaach hunn, deene verschiddenen Avisen och vun de Ministère Rechnung gedroen hunn, och Adaptatiounen. An ech wëll awer vläicht ee Punkt eraushuelen, well dat jo och eng Diskussioun war deemools am Gemengerot. Dat ass am Fong am Boujel, wou mer eng Reklamatioun jo och kritt hunn, nodeems mer hei d'Saisine gemaach haten, well jo effektiv Am Boujel jo déi Bestriewung war op där Parzell, déi der Gemeng gehéiert, dass mer do sollten déi notzen, fir Tiny Haiser ze maachen. Dat ass jo eng Parzell, déi am Moment amenagéiert ass als Noerhuelungsparzell, wou jo och eng Kéier vum CIGL frësch amenagéiert gouf. Bon, do krute mer effektiv als éischt, an dat hutt Der jo gesinn an Ärem Dossier, an dat muss een awer, mengen ech, och fir de Verbatim richtegerweis soen, en éischte Courrier vun engem Kollektiv vun Awunner aus dem Boujel, déi gesot hunn, dass effektiv d'Delaen ze kuerz waren.

Do hu mer hinnen awer mengen ech missen am Courrier äntwerten, dass mer eis hei un d'Delaen erhalen, déi gesetzlech virgesi si par rapport nom Vott vum Gemengerot, par rapport zu der Enquête publique, par rapport och zu der Informatiounsversammlung. Ech mengen déi Delaen, déi gëtt eis d'Gesetz, a mir hunn eis och an deene beweegt. Bon, an dat anert, deen anere Volet vun der Reklamatioun war éischter deen, voilà, wéi effektiv de Quartier sech do entwéckelt huet, dass déi dote Parzell am Fong Deel ass vun där Cessioun, déi deemools stattfonnt huet am Kader vun deene 25 % wéi dat kllassesch ëmmer bei engem PAP ass. Bon, mir hunn deemools gekuckt, hei dat do ass eng Parzell déi mer entwéckele kënne fir en Tiny House. Mir verstinn awer mengen ech och ganz kloer, dass an deem

Esprit vun engem PAP, wou eng Cessioun ass bis 25 %, dass een dee Prinzip bäibehält, egal wéi al de PAP deementspriechend och ass oder och bei neie PAPen déi kommen, wou och eng Cessioun deementspriechend ka stattfannen. An dofir, wéi gesot, hate mer och déi Auditioun mat de Reklamante jo den 11. Mäerz 2026. Mir hunn eis et jo och unhéieren. Dofir mengen ech ass dat jo och wichtig, wann ee Reklamanten huet, dass ee kann déi Auditioun maachen, dass ee sech och kann deementspriechend austauschen. A wou natierlech engersäits d'Demande war, dat esou ze erhalen am État d'esprit och eebe vun der Cessioun, déi deemools stattfonnt huet. An dofir huet et eis och dann och wichtig geschéngt, den iwwergeuerdente Prinzip och bäizebehalen an där Reklamatioun deementspriechend hei och Rechnung ze droen.

An dann awer, mengen ech, wann een där Reklamatioun hei Rechnung dréit, awer parallel weiderzekucken. Ech mengen, nieft dem Eecherdall, wou mer e Projet hu vun engem Tiny House amgaange sinn och ze kucken, wat nach aner Parzelle sinn déi der Gemeng gehéieren, respektiv awer och vläicht kucken, eng Initiativ ze starte vis-à-vis vu private Parzellen, wou een och a Verhandlung kann triede mat de private Proprietären, ob se eng Mise à disposition maache vun hirem Foncier fir en Tiny House. Ech mengen dat sinn zwou Pisten, déi mer am Moment amgaange sinn awer weider ze iwwerpräiwen. Ech mengen de Prinzip selwer hu mer jo säit dem 1. Mäerz dëst Joer, hu mer den Aval jo kritt vum Inneministère, dass Tiny Haiser souwuel op enger ëffentlecher Parzell wéi och op enger privater Parzell kënnen ëmgesat ze ginn. Dee Prinzip, dee steet jo. An ech mengen einfach elo ze kucken, ob mer nach aner Parzelle kënnen identifizéieren. Do si mer amgaangen ze kucken och mam Service Architecture et Domaines wat hei an Diddeleng potenziell Fläche kënne sinn.

Dat wollt ech awer nach hei mathuelen, well awer dës Decisioun, déi mer hei huelen, par rapport zu deenen aneren Decisiounen, well d'Modifikatioun vum PAG respektiv vum PAP Quartier Existant eng méi politesch Decisioun hei war vum Gemengerot par rapport zu den Tiny Haiser am Boujel. Dofir wollt ech, well och hei Reklamatiounen och komm sinn an déi Auditiounen stattfonnt hunn, ech mengen et ass och wichtig, lech awer hei kënne matzedeele, wéi deen État d'esprit war vun där Auditioun an och deementspriechend vun deene Gespréicher, déi mer haten, mat enger Delegatioun vun den Awunner aus dem Quartier Boujel. Dëst gesot, ass natierlech elo de Gemengerot fräi, Remarken, Stellungnamen dozou ze huelen.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Merci. Eng Fro just, wann ech richtig verstanen hunn, deen Ëmklassement vum Environnement construit um Deich, dat ass elo esou, dass da just nach d'Schoulgebaie protegéiert ass, awer de ganzen Areal net? Dat heescht, um Areal kënne mer elo aner Saache maache wéi zum Beispill eng Buvette fir de Fussball oder esou? An dann déi zweet Saach, dat betrëfft eeben och dee Punkt do am Boujel. Dat ass natierlech schued, dass et esou gaangen ass, mee et ass jo awer legitim, an et ass jo gutt, dass d'Leit eis drop higewisen hunn. An ech hat och an der Sitzung vum PAL gesot, dat ass elo schued, elo hu mer kee Site méi, wou mer wollten Tiny Haiser plangen.

An Dir hutt awer du gesot, dach, mir fannen nach aner Sitten, dat ass kee Problem. A wéi gesot, d'Bunn ass jo och op fir Privatheit, nodeems mer dat elo offiziell gemaach hunn. Privatheit kënnen och op hirem Terrain esou Initiative starten. A vläicht kënnt Der eis soen, ob Der scho mol éischt Kontakter hat mat Privaten, déi schonn e konkrete Projet hätten a wéi vill dat der sinn. Merci.

SEMIRAY AHMEDOVA (DÉI GRÉNG): Merci. Jo, ganz kuerz wierklech. Dat ass en immens techneschen Dossier. An dofir begrësse mir datt mer am Virfeld eeben en Aarbechtsgrupp haten, wou mer déi Detailer ausdiskutéiert hunn a wou mer eis natierlech dee Moment och konnten abrénge. Et ass wéi Der scho gesot hutt, d'Modifikatiounen si vun all Gremie favorabel aviséiert ginn. An et ass wichteg ze soen, datt awer trotzdeem, duerch déi séier Entwécklung, d'Besoinen am Beräich Wunnen, Mobilitéit, Infrastrukturen, awer d'Gemeinde verflüchten, ënner anerem dann och eis Gemeng, datt hir PAGE reegelméisseg ugepasst ginn am Aklang natierlech mat der Realitéit um Terrain, fir datt den Erwaardungen vun der Bevëlkerung och Rechnung gedroe gëtt. Well e PAG bleift trotzdeem e liewegt Dokument oder respektiv e PAP, an et ass awer trotzdeem d'Basis an et ass e Planungsinstrument fir déi Weiderentwécklung vun eiser Stad.

Zum Boujel, jo, et ass wéi den Här Gangler och scho gesot huet, an och wéi den Här Buergermeeschter erkläert huet, et ass natierlech legitim, déi Reklamatiounen gemaach ze hunn. Et ass schued natierlech, datt mer do eng Fläch identifizéiert haten, wou mer hätte kéinten e Pilotprojet starte mat Tiny House. Mee wéi gesot, mir verstinn, datt de Quartier eeben dat net esou flott fonnt huet, soen ech elo mol. Mee grad esou innovativ Projekte mat nohaltegem Wunnen an awer trotzdeem keng Versiegelung um Terrain wier awer flott gewiescht. Mee dofir si mer frou, datt Dir Här Buergermeeschter gesot hutt, datt mer amgaange sinn, ganz fläisseg no alternativen Terrainen ze sichen, egal ob privat oder vläicht och ëffentlech.

Vläicht eng lwwerleeung, wat mer kéinten awer trotzdeem mam Terrain maachen, et soll dann eng Gréngfläch bliwen, an an deem Sënn soll et jo méi nohalte sinn. A mir haten och Terraine gesicht fir eeben Tiny Forest eventuell unzeplanzen, an dat wier flott, dat wier natierlech immens flott fir d'Biodiversitéit vum Quartier, Klima, Liewensqualitéit virun allem, dat wat d'Leit fuerderen. An, jo, et kéint een dat vläicht mat op de Wee huele fir do eeben net Tiny House mee dann eeben en Tiny Forest doraus ze maachen. Ech hat just eng praktesch vläicht Fro un eise Service. Well ech hat gelies bei de Modifikatiounen hu mer vun den Accès carrossablen vun deene sechs Meter geschwat.

Just wierklech informativ. Respektéieren d'Leit déi sechs Meter Afaart? Oder hu mer nach ëmmer Leit, déi da méi grouss maachen? A wéi gëtt dat kontrolléiert? Ginn do dann déi Saachen ugepasst, wou et net respektéiert ass? Et ass ëmmer den Accès carrossable, well ech selwer war immens konfrontéiert mat Noperen, déi dann déi Saachen net haten. An, jo, dofir just déi Fro, hu mer nach ëmmer Problemer mat, also Problemer, dat ass vläicht dat falscht Wuert, mee ginn déi sechs Meter carrossabel ëmmer re-

spektéiert oder net? Merci.

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Jo, merci. Ech ka mech och ganz kuerz halen. Also de Gros vun de Punkten hate mer jo schonn duerchdiskutéiert. An do hu mer och keng Remarken. Ech wollt dann awer och ganz kuerz zum Boujel soen, dass mer déi meescht Argumenter, déi elo hei opgezielt sinn, awer net esou ganz kënnen novollzéien. Also wann elo hei steet, mir hätten eng grouss Densifikatioun an eng Pression constante op d'Infrastrukturen. Dat woe mer awer elo an deem Quartier ze bezweifelen. Also do sinn och nach e puer Baulücken, déi hoffentlech eng Kéier gefëllt ginn. A mir mengen net, dass dann d'Infrastrukturen alleguer mussen erneiert ginn. Et ass och e Quartier, wou een awer gesäit, dass elo net sou dense gebaut ass, wou jidderee säi Gaart huet, wou een no bei der Le'h ass. Also ob se elo wierklech op déi dräi Beem do ugewise sinn, dat ass déi eng Saach, mee mir verstinn natierlech d'Argument, dass dat deemools d'Argument war mat der Cessioun, an da soll een och net do hannendru goen, dat respektéiere mir och. An da wollt ech awer just, well elo d'Diskussioun ëm d'Tiny Haiser nach eng Kéier opkomm ass, nach eng Kéier widderhuelen, dass fir eis d'Tiny Haiser awer och kee Selbstzweck sinn a soubal mer eng Emprise hunn, déi et zouléist, dass mer awer sollte virzéien do richtig ze bauen, och wann da versigelt gëtt, mee awer e richtige Logement ze schafen an Tiny Haiser wierklech just ze limitéieren op Emprisen, wou déi einfach ze kleng sinn, wéi déi doten do, fir richtig ze bauen, mee mir stëmmen dat doten natierlech alles mat. Merci.

ROBY GOERGEN (LSAP): Jo Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert, och nach eng Kéier Merci fir d'Presentatioun. Ech menge mir stëmmen och all déi Modifikatiounen gutt, déi maachen all Sënn. An ech mengen de PAG, PAP, déi Modifikatiounen droe jo dozou bäi, dass dat och e liewegt Dokument bleift an dass mer eng Planungssécherheet hunn an eis den aktuelle Gegebenheeten ëmmer kënnen upassen. Natierlech zum Boujel wëll ech mech och menge Virriedner uschléissen. Ech menge mir haten do Reegelen opgesat a mir halen eis just dodrun elo. An ech menge mir mussen och wieder kucken. An de Buergermeeschter huet et jo och schonn ugekënnegt, dass mer eis nach Gedanke maachen, Parzelle kucken ze identifizéieren, wou mer awer nach kënnen eventuell dat eent oder dat anert Tiny House kënnen bauen. Ech soen lech Merci.

EVA GOTTSCHALK, SERVICE ARCHITECTURE ET DOMAINES: Jo, merci fir d'Wuert. Ech probéieren och der Rei no op déi Froen ze äntweren. Dat eent war de Site Deich, ob do elo just nach am Gebai dee Secteur C läit. Jo, dat war an der Saisine sou. An do hate mer am Avis stoen, datt mer dat solle komplett eraushuelen, fir do méi kohärent ze sinn, och fir méi flexibel ze sinn op deem Site, soudass dee Secteur C lo guer net méi drop läit op deem Site, an datt mer do einfach, voilà, méi Flexibilitéit hunn an der Planung. Da Boujel, d'Iddi vun engem Tiny Forest. Firwat net? Mir sinn och amgaang Sitten ze sichen. Dat kann een dann an eise Grupp, dee mer jo hunn, Stadbegréngung, eng Kéier diskutéieren a mathuelen als Iddi. Also vum techneschen Niveau, firwat net? Dann déi Fro zu den Accès carrossablen. Mengt Der elo konkret bei den Tiny Haiser? Well all

déi aner, generell, bon, déi Fro kann ech lo net am Detail beäntweren, mee et ass natierlech eng Prescriptioun, déi do ass. An och wann do eppes festgestallt gëtt vun eise Baupolizisten, da gëtt dat konstatéiert an da gëtt dat entsprechend gereegelt. Also, wéi genau elo dat net respektéiert gëtt, kann ech net genau soen. Mee wann eppes opfällt, gëtt et natierlech beanstandet an ugepasst, voilà.

An dann. Wéi vill Ufroer koume vu privaten Eigentümer fir esou en Tiny House? Menges Wëssens nach keng konkreet. Mir haten am Virfeld, wou dann och an der Press war, datt dat als Dossier kënnt, datt mer déi Modificatioun vum PAG maachen, verschidden Ufroer vun Architekten, vu Büroen. Déi hu mer all gesammelt an hinnen hu mer elo Bescheed gesot, datt dat eeben en vigueur ass, datt déi Texter elo do sinn an datt do Projete kënnen agereecht ginn. Mee menges Wëssens no ass de lo net grouss Retour komm.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUEGERMEESCHTER: Voilà, villmools merci. Ech wollt nach vläicht op deen een oder anere Punkt agoen. Bon, ech wëll et net esou am Raum stoe loossen, dass et schued ass, dass mer elo am Boujel kee Pilotprojet maache ronderëm Tiny House. Ech wëll awer hei ganz kloer soen, mir hunn hei am Gemengerot e Projet gestëmmt am Eecherdall, wou en Tiny House hi-kënnt. Also dofir kënnt Der och elo net Abstraktioun maachen, wéi wa mer elo kee Projet hätten. Dat heescht, wéi gesot, do gëtt jo en Tiny House gebaut. Dat do wär jo en Zousaz vu Projet gewiescht. Dat heescht, et wär ni vu Projet pilote gewiescht. Mir hu konkreet, a wat heescht e Projet pilote? Wann s de keng Gegebenheeten hues oder kee Kader hues, an du wëlls der duerno e Kader ginn. Hors hu mer den Eecherdall gemeet nodeems mer en Accord haten an d'Gegebenheete kloer waren, wat de Kader ass, fir en Tiny House-Projet ëmzesetzen. Also si mer net an engem Projet-pilote gewiescht, mee an engem Projet gewiescht, wou kloer de Kader definéiert ass a wou mer och den Aval hu vum Inneministère fir Tiny Haiser hei zu Diddeleng ëmzesetzen, sief et um ëffentlechen Terrain, sief et op privatem Terrain. Ech mengen dat, wéi gesot, am Prinzip.

An dann deen anere Volet, wou ech nach vläicht wollt soen. Ech si ganz bei der Madamm Thoma, also wa mer eng Parzell kënnen identifizéiere fir richteg ze bauen, da maache mer dat. An d'Orientatioun, déi mer hei hu bei private Parzellen, wou mer kucken, dat sinn éischter déi, wou effektiv en normal kllassesche Bau net méiglech wär, wou een da kéint en Tiny House dropmaachen. Dat ass natierlech ëmmer eng Diskussioun, Negociatioun mat de Proprietären. Mee et ass éischter an déi Richtung, wou een och wéilt goen. An do maache mer eis elo mol nach e bësse méi schlau. Dëst gesot, mengen ech hätte mer hei den Tour vun de Froen a vun Äntwerte kënne ginn. Mir mussen awer lo, och wann et gemeinsam presentéiert gouf, separat driwwer ofstëmmen.

Dofir géif ech ufänke, wien ass, wéi gesot, hei mam Projet, also mam Punkt 4, wat den Dossier 7 ugeet, averstanen? **Dat ass unanime.** Villmools Merci.

Dann de Punkt 5, wat den Dossier 8 ugeet. Wien ass mat deem averstanen? **Dat ass och unanime.**

An dann de Punkt 6, wat den Dossier 9 ugeet. Wien ass mat deem averstanen? **Och dat ass unanime.**

Da soen ech lech villmools Merci. Och dem Här Bär an der Madamm Gottschalk Merci fir hir Presenz. An da wärem mer och schonn zum Schluss vum Gemengerot ukomm.

7. Froen un de Schäfferot

Fro vun Déi Gréng: Zoustand vun der Diddelenger Baach

Här Buergermeeschter, Dir Damme Schäffinnen, Dir Häre Schäffen, am Numm vun déi gréng Diddeleng biede mir lech an der nächster Gemengerotssitzung zu follgende Froen zur Waasserqualitéit vun der Diddelenger Baach Stellung ze huelen. Am Gemengerot vum 8. Mee 2026 hu mir an eiser Stellungnam zum Naturpakt bedauert, dass Diddeleng der Flosspartnerschaft Uelzecht eréischt 13 Joer no hirer Grënnung am Joer 2013, elo 2026 bäi getrueden ass. D'Uelzecht ass an engem schlechten Zoustand an an eisen Aen droen hier Zouflëss hiert dozou bäi. Den Ëmweltschäffen huet, an dem selwechte Gemengerot, probéiert d'Oppositioun ze berouegen, d'Diddelenger Baach wier an engem gudden Zoustand. Dofir wollte mir elo wëssen:

1. Wëssend datt d'Zoustandsbewertung vun den Uerwerwaasserkerper vun der Waasserverwaltung beseet datt kee Lëtzebuerger Gewässer gutt ofschneit¹ wéi erkläert de Schäfferot, d'Ausso d'Diddelenger Baach wier an engem gudden Zoustand?
2. Wéien Impakt hunn eis sëllegen Zones d'Activités op d'Waasserqualitéit vun der Diddelenger Baach?
3. Wéieng Moosnamen si nieft der partieller Renaturéierung am Quartier Neischmelz an dem Réckhaltebecken an der Rue du Nord geplangt fir d'Waasserqualitéit an der Diddelenger Baach ze verbessern?
4. Gedenkt de Schäfferot am Kader vun der Neigestaltung vun der Fohrmann-Plaz Renaturéierungsmoosname vun der Diddelenger Baach virzegesinn?
5. Huet de Schäfferot sech schonn zu der Mise à jour vum 4. Waasserbewirtschaftungsplang geäussert? Am Positiven, kann de Schäfferot dem Gemengerot den Inhalt heivu matdeelen? Am Negativen, wisou net? A gesäit de Schäfferot dëst nach vir bis d'Deadline vu Mëtt Juli 2026?

An der Erwaardung vun Ärer Äntwert verbleiwe mer mat beschte Gréiss, Semiray Ahmedova, conseillère communale; Yves Steffen conseiller communal.

¹<https://eau.gouvernement.lu/dam-assets/administration/documents/3-cycle/elaboration-du-3e-plan-de-gestion-document-final/annex-10-zustandsbewertung-der-oberflächenwasserkörper.pdf>

Äntwert vum Schäfferot

Madame, Monsieur, d'Fraktioun Déi Gréng Diddeleng huet, am Virfeld vun der Gemengerotssitzung vum 22. Mee 2026 a geméiss dem Gemeengegesetz, dem Schäfferot Froen zoukomme gelooss zum Zoustand vun der Diddelenger Baach. Nofolgend fannt Däer d'Äntwerte vum Schäfferot op Äre Froen.

1. Wëssend datt d'Zoustandsbewertung vun den Uerwerwaasserkierper vun der Waasserverwaltung beseet datt kee Lëtzebuerger Gewässer gutt ofschneit wéi erkläert de Schäfferot, d'Ausso d'Diddelenger Baach wier an engem gudden Zoustand?

D'Waasserverwaltung (AGE), als national Autoritéit, définiert de sougenannte gudden Zoustand vun de Fléissgewässer iwwert de Règlement grand-ducal vum 15. Januar 2016. Bei der finaler Bewäertung gëllt speziell de Prinzip one out, all out, dat heescht, dass d'Ziel nëmmen dann erreecht gëtt, wann all Qualitéitskrittären erfëllt sinn.

Op der Basis vun engmaschegen Analysen iwwert vill Jore stellt den Uelzechtvertrag fest, dass d'Diddelengerbaach eng positiv Wierkung op d'Uelzecht huet. Deen Zoufluss bréngt nämlech ëmmer vill Waasser vun enger verhältnisméissig besserer Qualitéit. An der Diddelengerbaach si lafend Fësch vu verschiddenen Aarten. Dat ass en Zeechen, dass speziell de Sauerstoffgehalt am Waasser ëmmer iwwert der biologesch bedeitender Referenz vu 4 mg pro Liter ka gehale ginn.

Inspektiounen iwwert di ganz Diddelengerbaach vun der Mündung an d'Uelzecht zu Beetebuerg erop bis an d'Quellgebitt a Frankräich hu keng gréisser (chronesch) Aleef vu kommunalen Ofwässer gewisen. Op franséischer Säit konnte just zwee kleng Aleef festgestallt ginn, eventuell eenzel Haiser, op Lëtzebuerger Säit, um Gebidd vun der Gemenge Beetebuerg an Diddeleng weider keen. E kräftegen Impakt op d'Diddelengerbaach ass vum Iwwerlaf vum Réckhaltebaseng an der Rue du Nord ausgaang. Do sinn entsprechend Aarbechten kierzlech ugelaft, mat der Perspektiv, dass dee Problem komplett geléist gëtt.

2. Wéien Impakt hunn eis sëllegen Zones d'Activités op d'Waasserqualitéit vun der Diddelenger Baach?

D'Gestioun vum Uewerflächewaasser a vum Prozesswaasser an der Industrie ass d'Aufgab vun der AGE am Kader vun de Betriibsgenehmigungen an der lafender Kontroll. An der Reegel leeft d'Uewerflächewaasser (Reen a Schnéi) duerch eng Réckhaltung, wou sech Schwiewstoffer kënnen ofsetzen, da gedrosselt weider an d'Bächen. Di allermeescht Industrieprozesser funktionéieren haut an engem zouenen Kreeslaf. Eng Verschmutzung an der Baach ass dann an der meeschte Fäll op eng Panne zeréck ze féieren. All Betriib ass verpflichtet, d'Pannen ze mëllen, esou dass entsprechend Moossname kënnen geholl ginn. Iwwert déi lescht Joren gouf et keen onkontrolléierten Alaf an Diddelenger Baach.

3. Wéieng Moossnamen si nierft der partieller Renaturéierung am Quartier Neischmelz an dem Réckhaltebecken an der Rue du Nord geplangt fir d'Waasserqualitéit an der Diddelenger Baach ze verbesseren?

1. D'Schmoltzwaasser wat vu Volmerange kënnt an aktuell duerch den Mëschwaasserkanal route de Volmerange/Site Schmelz an den Réckhaltebecken CCRD/CNA leeft, soll vun dësem entkoppelt ginn. D'Schmoltzwaasser géif an Zukunft an den Schmoltzwaasserkanal geleet ginn, deen den Site Neischmelz duerchquert (PAP Sud an zum Deel PAP Centre). Sou kënnt manner Schmoltzwaasser am Réckhaltebecken un wat potentiell am Reefall kéint iwwerlafen.

2. An der Starkreenetude vun RSS Hydro goufen verschidden Uewerflächenwaasserofleef identifizéiert, notament och déi ëstlech vun der route de Volmerange (rue de l'Eau). Hei goufen dorop hinner d' Reewaasserachsen vum Site Neischmelz sou dimensionéiert, dass déi et erlaben d'Uewerflächewaasser vun dësem Beräich mat ofzeféieren. Sou lafen déi net méi an den Mëschwaasserkanal an vun do an d'Reckhaltebecken CCRD/CNA. Dëst gëtt domat konsequent entlaascht an géif am Reefall manner oft "iwwerlafen" an Schmoltzfracht an d'Bach iwwerleeden.

3. Dat selwescht gëtt mat Mesuren am Kader vun enger spéiderer Entwécklung vum Site Greisendall erreescht, wou d'Reewaasser an/oder Uewerflächewaasser entkoppelt ginn an getrennt direkt an d'Bach gefouert ginn. Och hei gëtt dat ënnert Punkt 1. an 2. erwänten Réckhaltebecken entlaascht.

4. Gedenkt de Schäfferot am Kader vun der Neigestaltung vun der Fohrmann Plaz Renaturéierungsmoossname vun der Diddelenger Baach virzegesinn?

Am Kader vun der Ëmsetzung vum PAP Neischmelz Nord duerch de Fonds du Logement ass virgesinn, dass d'Diddelenger Baach op der Place Fohrmann an laanscht de Schwarze Wee oppegeluecht gëtt. Dës Gestaltung ëmfaasst och oppe gréng Réckhalteflächen, déi eng héich Openthaltsqualitéit bidden. Dës Projet an déi virgesinne Gestaltungsmoossname ginn dem Gemengerot am Kader vun der Approbatioun vum Projet d'exécution vum betrafene PAP méi detailléiert an ausféierlech virgestallt.

5. Avis am Kader vum 4. Bewirtschaftungszyklus

Positiv : Den Avis vun der AGE iwwert di wichteg Froen am Waassermanagement (questions importantes en matière de gestion de l'eau) fannt Dir an der Annexe.

Mat beschte Gréiss,
Fir de Schäfferot vun der Stad Diddeleng,
de Buergermeeschter, Dan Biancalana
de Gemengesekretär, Patrick Bausch •

23. Butschebuerger

Buergfest

12 & 13 Sept. • Dudelange



www.buergfest.lu

Infos

